

Nationalen Aktionsplan „Zougang zur Kultur“



Inhalt

1. RECHTLECH GRONDLAGEN A POLITESCHE KADER	3
1.1. D'Engagement op internationalem Niveau	3
1.2. D'Engagement op nationalem Niveau	6
1.3. Conclusiounen	8
2. ANALYS VUN DER AKTUELLER SITUATIOUN	10
2.1. <i>Enquête „Les pratiques culturelles des jeunes“</i>	10
2.2. <i>Enquête „La vie culturelle au Luxembourg“</i>	11
2.3. <i>D'Etude qualitative sur l'accès à la culture des personnes en situation de handicap</i>	12
3. BESCHREIWUNG VUM AUSAARBECHTUNGSPROZESS VUM NATIONALEN AKTIOUNSPLANG „ZOUGANG ZUR KULTUR“	14
3.1. Eng Methodologie, déi sech u groussen transversalen Interventiounsachsen orientéiert	14
3.2. E gemeinsaamt Engagement an eng participativ Approche	15
3.3. E formellt Engagement vun der Regierung	17
4. DÉI SIWE PRIORITÉITE VUM NATIONALEN AKTIOUNSPLANG „ZOUGANG ZUR KULTUR“	19
➔ Prioritéit 1: Biergerbedeelegung, Diversitéit a kulturell Inklusioun an all hire gesellschaftlechen Dimensiounen	20
➔ Prioritéit 2: Visibilitéit a Kommunikatioun vun der kultureller Offer	30
➔ Prioritéit 3: Territorial ausgeglache kulturellen Ausbau an eng kulturell Offer	35
➔ Prioritéit 4: Kulturell Bildung a kulturell Erzéiung	40
➔ Prioritéit 5: Kulturell Mediatioun	45
➔ Prioritéit 6: Valoriséierung vun kulturellen Ierwen: Opwärtung vun kulturelle Patrimoine an Entwécklung vun Zougang iwwer digital Mëttelen	49
➔ Prioritéit 7: Kulturtourismus	55
5. PROGRESSIV ËMSETZUNG VUM NATIONALEN AKTIOUNSPLANG „ZOUGANG ZUR KULTUR“	58
5.1. Gouvernance a Suivi	58
5.2. Evaluatioun an Entwécklungsperspektiven	59
6. ANNEXEN	61
6.1. Lëscht vun invitéierten Acteuren, déi um Ausaarbechtungsprozess vun nationalen Aktiounspiang bedeelegt sinn	61
6.2. Haaptinternational an europäesch Engagement (bindend an net-bindend), déi Lëtzebuerg am direkten Zesammenhang mam Zougang zur Kultur ageet	64

1. RECHTLECH GRONDLAGEN A POLITESCHE KADER

1.1. D'ENGAGEMENTER OP INTERNATIONALEM NIVEAU

1.1.1. Definitiou vum der Notioun vum „Zougang zur Kultur“

D'Notioun vum „Zougang zur Kultur“ ass net einfach ze faassen, virun allem, well se breetgefächert a variabel Aspekter beinhalt an et dowéinst weeder eng eenheetlech Definitiou nach eng unerkannt Definitiou, déi allgemeng als Referenz gëllt, gëtt.

D'Grënn heifir si villfälteg (theoretesch Onkloerheeten, terminologesch Verwiesslungen, Zersplitterung vum de rechtliche Quellen, kulturell Kontexter asw.). Nawell bezéie sämtlech Definitiouen, Beschreibungen an Interpretatiounen vum Zougang zur Kultur sech ëmmer op dräi zentral Voleten:

1. d'Bedelegung um kulturelle Liewen
2. d'Accessibilitéit vum der Kultur
3. d'Promotioun vum der kultureller Offer

Tatsaach ass, datt an de wichtegsten normativen Instrumenter vum de Vereenten Natiounen als éischt d'Participatioun um kulturelle Liewen an de Vierdergrond gestallt gëtt – sief et an de Grondlagentexter, wéi der Allgemenger Erklärung vum de Mënscherechter vum 10. Dezember 1948 an dem Internationale Pakt iwver wirtschaftlech, sozial a kulturell Rechter vum 16. Dezember 1966, oder an de Konventiounen, déi sech op spezifesch Kontexter bezéien, wéi beispillsweis d'Konventioun vum de Vereenten Natiounen iwver d'Rechter vu Persoune mat Behënnerung vum 13. Dezember 2006 an d'International Konventioun iwver d'Ophiewe vum all Forme vu rassistescher Diskriminierung vum 7. März 1966, an deenen och den Aspekt vum der Accessibilitéit nees opzefannen ass. Op Säite vum der UNESCO ass den Zougang zur Kultur an sech zwar grondsätzlech ginn, e gëtt awer nëmme seelen iwver Konventiounen per se ausdrécklech ugestriift, mat der bemierkenswäerter Ausnam vum der *Convention sur la protection et la promotion de la diversité des expressions culturelles*, an där d'Notioun dem Zil an dem Geescht vum der Konventioun (ouni Differenzéierung tëscht den eenzele Voleten) zugronn läit an de gerechten Zougang zudeem als Leitprinzip festgeluecht ass.

Niewent den normativen Instrumenter befaassen och eng Rei onverbindlech Texter vum de Vereenten Natiounen (Resolutiounen vum der Generalversammlung, Recommandatiounen vum der UNESCO, d'*Déclaration universelle de l'UNESCO sur la diversité culturelle* vum 2001, d'Ofschlosserklärungen vum de Weltkulturkonferenz MONDIACULT asw.) sech mam Zougang zur Kultur, entweder explizit oder implizit, mee ëmmer am Zesummenhang mam Begrëffspuer „Zougang a Bedeelegung“.

Um Niveau vum Europarat gëtt den Zougang zur Kultur net an der *Convention européenne des droits de l'homme* erwänt, en ass awer omnipresent: entweder explizit a ganz zentral an der sougenannter *Convention de Faro* oder méi implizit an deenen anere spezifesch Konventiounen zum kulturelle Patrimoine. Wann d'Notioun awer manner an absolutten Termen erschéngt, erkläert dat sech doduerch, datt den Europarat, besonnesch duerch d'*Convention culturelle européenne*, d'Meenung vertritt, datt d'Kultur e weesentleche Bestanddeel vum den demokratesche Wäerter ass, deenen hir logesch Premiss den Zougang zur Kultur ass. Souwuel duerch seng Fäegkeet, d'géigesäiteg Versteesdemech tëscht Biergerinnen a Bierger oder tëscht de Vëlker ze fërderen ewéi och duerch d'Fäerdgekeet, gesellschaftlech Verännerungen an Erausforderungen opzeweisen. Well d'Kultur e Garant ass fir eng oppe Gesellschaft, pluralistesche, diversifiéiert an dauerhaft Zesummeliewen, ass den Accès duerzou d'Konditioun fir eng Demokratie. Am Joer 2013 huet eng Ministerkonferenz vum

Europarot mam Titel „*La gouvernance de la culture - promouvoir l'accès à la culture*“ zudeem e Kader mat Indicateure fir d'Kultur an d'Demokratie ausschaffe gelooss, an deem den Zougang zur Kultur als Volet/Indicateur enk mat der Dimensioun vu Fräiheet an Egalitéit verknëppt ass.

Déi grondleeënd Traitéë vun der Europäescher Unioun erwänen den Zougang zur Kultur net, woubäi ze berücksichtegen ass, dass d'EU am Kulturberäich net iwwer subsidiär Kompetenze verfüügt. De Sujet vum Zougang zur Kultur gëtt awer reegelméisseg dran thematiséiert an a verschiddenen Dokumenter, déi awer ëmmer onverbindlech sinn, ginn ënnerschiddlech Definitioune proposéiert. Niewent der Tatsaach, dass och hei virun allem de Volet vun der Bedeelegung am Vierdergrond steet, proposéieren dës Definitioune och eng méi staark Korrelatioun mat den Zilgruppen, och de Volet vun der kultureller Offer, oder esouguer vun de Kompetenzen. Dat eenzegt verbindlecht Instrument, dat explizit op d'Recht op Bedeelegung um kulturelle Liewe verweist, ass d'*Charte des droits fondamentaux*, awer nëmme am Zesammenhang mat de Rechter vun eelere Leit. Et ass allerdéngs ze bemierken, dass den Zougang zur Kultur och ee vun den Ziler ass, déi mam Subventionsprogramm *Creative Europe* verfollegt ginn.

Deemno huet de Gesetzgeber zu Lëtzebuerg no der Ratifizéierung vun enger ganzer Rei internationalen Texter an dësem Beräich am Joer 2023 den Zougang zur Kultur als Zil mat Verfassungsrang an d'Constitutioun opgeholl. Den Artikel 42 gesäit nämlech vir: „De Staat garantéiert den Zougang zu der Kultur an d'Recht op kulturell Entfaltung“. Mee och déi dozougehéiere parlamentarësch Aarbechte bidden keng Definitioune am eigentleche Sënn vum Begrëff vum Zougang zu der Kultur un. Et fënnt sech do awer eng ëmständlech Beschreiwung, déi gewëss konstituierend Elementer vun den dräi Komponenten ënnersträicht.

1.1.2. Zougang zur Kultur = Bedeelegung + Accessibilitéit + Promotioun

Och wann d'Bedeitung vun den dräi Volete vum Zougang zur Kultur – Bedeelegung, Accessibilitéit a Promotioun – a sech kloer ass, beinhalt all Volet verschiddene Ënneraspekter am Zesammenhang mam Zougang zur Kultur (deelweis transversal tëschent verschiddene Voleten), déi den nationalen Aktionsplang „Zougang zur Kultur“ op Grondlag vun den Engagementen, déi agaange goufen, an de Besoinen, déi identifizéiert goufen, versicht opzegräifen.

Schematesch kann dat follgendermoossen duergestallt ginn:

Promotioun	<ul style="list-style-type: none">• (Nei) Zilgruppen → Mobiliséierung/Entwécklung → Kulturverméttlung• Valorisiatioun vun der Kultur• Kommunikatioun vun der kultureller Offer (och iwwer déi nei technologesch Mëttelen)• Digital an numeresch Kompetenzen
Accessibilitéit	<ul style="list-style-type: none">• Sozioekonomesch Konditiounen (finanziell, juristesche Mëttelen)• Physesche Facilitéiten• Geografesch Situatioun• Sproochlech Méiglechkeeten a Kompetenzen• Bildungsdimensioun• Digitaliséierung an digital Kompetenzen
Bedelegung	<ul style="list-style-type: none">• Aktiv Bedeelegung:<ul style="list-style-type: none">→ Kulturell Produktioun/Kënschtlerech Aktivitéit: Ënnerstëtzung vum kënschtlereche Schafen an der Entwécklung vu Kompetenzen a Fäegkeeten; Valorisiatioun vun de Realisatiounen vun de Kënschtler, déi a Residenz sinn→ Ëffentlech Debatt/Biergerbedeelegung• Passiv Bedeelegung (kulturelle Konsum): Ënnerstëtzung vun den Tëschestrukturen

Déi dräi Volete gräifen doriwwer eraus aneneen, woubäi de Volet vun der Bedeelegung als zentraalt Zil (op Grondlag vun den internationalen Instrumenter), d'Accessibilitéit als *conditio sine qua non* an d'Promotioun als Instrument am méi breede Sënn verstane ginn. Et ass genee sou evident, datt den nationale Aktiounsplang net – a soll och net – all d'Elementer ofdecken, déi ee mam Zougang zur Kultur a Verbindung bréngen kann : d'Limite vun deem, wat dat kéint ëmfaassen, wieren net nëmme ouni Enn, mee d'Inhalter géifen zum Schluss och Beräicher beréieren, an deenen aner thematesch Schwéierpunkter iwwerweien an an deenen d'Erausforderunge vun enger ganz anerer Natur sinn. Sou géif zum Beispill d'Fro vum Zougang zu kulturellen an audiovisuellen Online-Inhalter onëmgängelech och zu Diskussiounen féieren, an deenen sech de Schutz an d'Liberaliséierung vun dësen Inhalter géintiwier stinn (zum Beispill am Kader vun der Welthandelsorganisatioun), oder zu der Fro vun de restriktiven Auswierkunge vum Geoblocking op den Zougang, eng Problematik, bei där Europa gespléckt ass.

Am frankophonen Raum stellt sech d'Fro nach eng Kéier op eng aner Aart a Weis, tëscht de Verdeedeger vun der Discoverabilitéit vu frankophonen Inhalter an Approchen, déi méi staark op Plurilingualitéit ausgeriicht sinn, och wann sech béid Säiten eens sinn iwwer d'Noutwendegkeet, net-engleschsproocheg Inhalter op digitale Plattformen nach méi gezielt ze féieren.

De Begrëff vum Zougang zur Kultur ze wäit auszedehnen wier deemno schiedlech, well d'Aktiounen a Moosnamen an deem Kader schwéier ze cibléieren wieren, wat zu engem Onkloerheetszoustand doriwwer féiere géif, wat tatsächlech am Kader vum Zougang zur Kultur ënnerholl gëtt. Et ass evident, datt et noutwenneg ass, Verbindungen hierzustellen, mee verschidde Sujeten wäerten ënner hirem eegene Wénkel besser bedéngt sinn wéi duerch en nationale Aktiounsplang zum Zougang zur Kultur. Wéi de Rapport vun der EU aus dem Joer 2012 mam Titel *Policies and good practices in the public arts and in cultural institutions to promote better access to and wider participation in culture* et ofgeschloss huet : *“The agendas behind measures to increase access to culture may be diverse and equally legitimate. They may originate from a will to ensure that public funding benefits a wide part of the population, or from considerations linked to social inclusion and social engagement, or from a simple need to sustain and increase numbers of users (without necessarily changing the socio-economic profile of the audience). It is vital therefore to be clear about why measures to develop access are being devised. Depending on the agenda, target groups, and measures to address them, may differ. Being clear about the reasons why measures to increase access are being envisaged may help devise the most efficient strategies and it is indispensable in evaluating results.”* Eng Usazméiglechkeet a dësem Kontext gëtt duerch d'Engagement opgewise, déi sech aus internationalen an europäeschen Texter erginn.

1.1.3. International an europäesch Engagementer vu Lëtzebuerg am Zesummenhang mam Zougang zur Kultur

a) Verbindlech Engagementer

Wéi virdru schonn erwäant, schafen eng Rëtsch verbindlech international Instrumenter e Recht op Bedeelegung um kulturelle Liewen. An där Hinsicht, datt Lëtzebuerg dës Instrumenter ënnerschriwwen a ratifizéiert huet an opgrond vum Prinzip „*Pacta sunt servanda*“ entstinn op där anerer Säit Verpflichtungen als Staat, deen Deel vun dësem Vertrëg ass, fir dës Texter ëmzesetzen. Am Fall vum *Pacte international relatif aux droits économiques, sociaux et culturels* vun 1966 ass d'Verpflichtung am Zesummenhang mat der Bedeelegung um kulturelle Liewen ausdrécklech am Artikel 15 Paragraf 2 festgeluecht: *„D'Mesuren, déi d'Staaten, déi Deel vun dësem Pakt sinn, ergreifen, fir sécherzestellen, datt dëst Recht vollstänneg ausgeübt gëtt, müssen och déi Moosnamen*

*ëmfaassen, déi néideg sinn, fir d'Oprechterhalen, d'Entwécklung an d'Verbreedung vun der Wëssenschaft an der Kultur sécherzestellen.*¹

Ouni op d'Debatt iwwer d'Notioun vun de „kulturelle Rechter“ wëllen anzegoen (déi och eng ganz Rëtsch Onkloerheete beinhalt an net formell festgeluecht ass), ass ervirzehiewen, datt dës Texter keen individuell positivt Recht mat direkter Wierkung, respektiv keen aklobaart Recht begrënnen. Mee d'Tatsaach, datt den Zougang zur Kultur oder d'Bedelegung un der Kultur als Recht unerkannt gëtt, respektiv, datt de Staat dëst garantéiert. D'Tatsaach, datt an den Texter oft preziséiert gëtt, datt d'Recht, sech um kulturelle Liewen ze bedeelege fräi an ënner gläichwäertegen Bedéngungen ausgeübt muss kënne ginn, ënnersträicht däitlech déi zentral Bedeitung an déi onverzichtbar Roll, déi d'Kultur fir d'Demokratie an d'Oprechterhale vun den demokrateschen Gesellschaften spillt. Oder anescht formuléiert: keng Kultur, keng Demokratie.

Eng zesummeffaassend Iwwersiicht vun de verbindlechen Engagementer a Verflüchtungen, déi Lëtzebuerg ageet, besonnesch am Kader vun de sektoriellen Instrumenter, befënnt sech am Anhang.

b) Onverbindlech Engagementer

Op internationalem Niveau hunn eng Rei Dokumenter vun ënnerschiddlecher Aart eng Auswierkung am Zesummenhang mam Zougang zur Kultur, ouni awer verbindlech ze sinn. Dëst gëllt besonnesch am Kader vun de Vereenten Natiounen mat de Resolutiounen vun der Generalversammlung, mee och vun der UNESCO mat de Resolutiounen vun der Generalkonferenz, vum Europarat mat de Recommendatiounen vum Ministerkomitee a vun der Europäescher Unioun mat de Conclusiounen vum EU-Rot. D'Bestëmmungen an dësen Dokumenter si keng rechtlech Verflüchtungen fir d'Memberstaaten, se hunn awer eng Autoritéit, eng Valeur an e politescht a moralescht Gewiicht, déi d'Staaten dozou opfuerderen, sech ze engagéieren a sech am Hibleck op gemeinsam Normen oder Leitlinien ze koordinéieren, zemoos well dës Dokumenter och e programmateschen oder virbereedenden Charakter fir zukünfteg verbindlech Normen kënnen hunn oder fir d'Interpretatioun an d'Evolutioun vu besteenden verbindlechen Normen nëtzlech kënne sinn.

Eng zesummeffaassend Iwwersiicht iwwer déi onverbindlech Engagementer, déi vu Lëtzebuerg iwwerholl oder gedroe ginn, befënnt sech am Anhang.

1.2. D'ENGAGEMENTER OP NATIONALEM NIVEAU

Eng Verfassung ass dat iewescht Gesetz, dat de Fonctionnement vun engem Staat reegelt, dat d'grondleeënd Prinzipien a Wäerter festleet, déi déi staatlech Institutiounen respektéieren müssen an déi bei der Ausaarbechtung vu gesetzlechen Texter müssen agehale ginn, an dat de Residenten a Residenteën an den Administréierten hir Grondrechter definéiert. Am Joer 2023 huet Lëtzebuerg seng Verfassung déifgräifend reforméiert, woubäi vill Aspekter geännert respektiv preziséiert goufen an un de Kontext an d'Erausforderungen vum 21. Joerhonnert ugepasst goufen. Am Fong geholl huet Lëtzebuerg sech eng nei Constitutioun ginn.

¹ Iwwersetzung vum Originaltext: « Les mesures que les Etats parties au présent Pacte prendront en vue d'assurer le plein exercice de ce droit devront comprendre celles qui sont nécessaires pour assurer le maintien, le développement et la diffusion de la science et de la culture. ».

Den neien Text, deen den 1. Juli 2023 a Kraaft getrueden ass, ass déi éischt Verfassung vum Grand-Duché, déi d'Kultur an de Patrimoine ernimmt. En erhieft se op Verfassungsniveau, wat ze begréissen ass. Am Artikel 42 steet:

„De Staat garantéiert den Zougang zur Kultur an d'Recht op kulturell Selbstverwierklechung. De Staat fërdert de Schutz vum kulturelle Patrimoine.“

Genee geholl äussert d'Lëtzebuenger Verfassung sech an zwoufacher Hisiicht zur Kultur, esouwuel implizit ewéi och explizit. D'Sektiounen 2 an 3 vum Kapitel II „D'Rechter an d'Fräiheeten“ leeën déi demokratesch Grondlage fest, déi fir dat kulturellt Schafen onverzichtbar sinn. Esou garantéiere se all Persoun „d'Recht op Meenungsfräiheet, Gewëssensfräiheet a Reliounsfräiheet“ (Art. 14); „d'Recht, seng Meenung ze soen [...]“ (Art. 23); „d'Fräiheet, fir seng philosophesch oder reliéis Iwwerzeegungen auszadrécken [...]“ (Art. 24); „d'Recht, sech friddlech [...] ze versammelen“ (Art. 25) an „d'Veereenigungsfräiheet“ (Art. 26). Am Artikel 30 gëtt Follgendes stipuléiert: „All Persoun huet d'Recht op d'Onverletzlechkeet vun hire Kommunikatiounen [...]“ a schliisslech garantéiert den Artikel 33 d'Recht op Bildung. Andeem de Staat dës Fräiheete festleet a sécherstellt, schaaft en d'Viraussetzung fir eng reell kulturell Tätigkeet. D'Schafen an den Zougang zur Kultur ginn zu Akten, déi direkt mat der Biergerbedeelegung verbonne sinn.

Komme mer elo op den Artikel 42 vum Verfassungstext zeréck, dee sech ausdrécklech mat der Kultur befaasst. Dësen Artikel befënnt sech an der Sektioun 4 vum selwechte Kapitel. Dës Sektioun regruppéiert d'„Staatsziler mat Verfassungsrang“, déi laut der Kommissioun fir d'Institutionen an d'Verfassungsrevisioun² (parl. Dok. Nr. 7755) „[A]am Géigesaz zu de Grondrechter a Fräiheeten, [...] keen individuellt positiivt Recht mat direkter Wierkung [...] aféieren, dat viru Geriicht aklobar ass [...]“³. Deemno verflichten dës nei Staatsziler mat Verfassungsrang de Staat, an dësem Beräich tätég ze ginn. Den éischte Pouvoir kann allerdéngs duerch d'Gesetzgebung oder d'Bereetstelle vun den néidege Gelder agéieren, während den Exekutiv entweeder duerch d'Ëmsetzung vun dëse Gesetzer oder d'Ausaarbechtung vun engem nationalen Aktiounsplang handelt, deem seng Mesuren e selwer duerchféiert, wéi d'Regierung et mat dësem Dokument virgesäit.

Am Wierk „La constitution luxembourgeoise commentée“, dat den Alain Steichen 2024 verëffentlecht huet, hält den Auteur zum Contenu vum Artikel Stellung: « [186] Presentatioun. – D'Kultur ass e spéiden Ausdrock vun der Zivilisatioun, well se an der Reegel eréischt zum Droe kënt, nodeem déi grondleeënd Besoine befriddegt goufen. Well se awer zum Wuelbefanne vun den Einzelpersoune bäidréit a gläichzäiteg d'Natioun selwer matdefiniéiert, ass et net verwonnerlech, datt d'Kultur schliisslech an de Verfassungstexter verankert gouf.“⁴

Zudeem bedauert den Alain Steichen Follgendes: „[187] Kultur a kulturell Selbstverwierklechung. - [...] Eng méi breet Approche zur Kultur hätt dora bestanen, d'Konzept vun den immaterielle Ressourcen auszedeenen, fir och d'Sprooch, d'Aarbecht, d'Echangen, d'Bräich an d'Liewensweisen anzebezéien ... kuerz gesot déi komplex Bandbreet vun den haitege Liewensweisen.“⁵ Et sief drop higewisen, datt

² Commission des institutions et de la révision constitutionnelle

³ Iwwersetzung vum Originaltext: « [C]contrairement aux droits fondamentaux et aux libertés, [...] n'introduisent pas de droit positif individuel à cet effet direct [...] invocable en justice [...] »

⁴ Iwwersetzung vum Originaltext: « [186] Présentation. – La culture est un produit tardif de la civilisation, car elle intervient généralement après que les besoins essentiels ont été satisfaits. Comme elle contribue cependant au bien-être de l'individu ainsi qu'à définir la Nation elle-même, il ne saurait étonner que la culture ait fini par être consacrée dans les textes constitutionnels. »

⁵ Iwwersetzung vum Originaltext: « [187] Culture et épanouissement culturel. – [...] Une approche plus large de la culture aurait consisté à élargir le concept de ressources immatérielles pour y englober également le

dësen nationalen Aktiounsplang d'Notioun vun der Kultur am breeden humanistesche Sënn versteet, esou wéi den Auteur en a sengem Kommentar zum Ausdrock gëtt.

Andeem en de Kultursecteur fërdert an ënnerstëtzt ass den nationale Kulturentwécklungsplang (KEP) ewéi e liewege Prozess ze verstoen, deen e reegelméissege Suivi vun der Ëmsetzung an der Duerchféierung vun de verschidde Beräicher vun der Kulturpolitik ëmfaasst. De KEP 2018-2028, dee laang virum Akraafttriede vun der neier Verfassung ausgeschafft a verëffentlecht gouf, hat dës anticipéiert. En huet an éischer Linn drop ofgeziilt, den Zougang zur Kultur fir d'Kanner an déi Jonk esouwéi fir all d'Bierger a Biergerinnen duerch d'Entwécklung vu spezifeschen an integrative Mesuren ze verbesseren. Fir Kanner a Jonker uechter d'Land den Zougang zu kulturellen Evenementer ze erméiglechen, gëtt op Gemengenniveau eng Kaart „Zougang zur Kultur“ ugebueden. Weider Offere mat enger nationaler Reechwäit si fir Kanner a Jonker virgesinn, fir hiren Zougang zur Kultur esouwéi zu kreativen a kënschtlerschen Aktivitéiten ze erliichten.

Während de KEP eng eventuell Verankerung vun der Kultur an der neier Verfassung awer nëmmen anticipéiere konnt, weist d'Koalitiounsofkommes vun 2023, datt déi nei Regierung sech de Flichten, déi sech aus dem Artikel 42 erginn, komplett bewosst ass.

Am Kapitel vum Koalitiounsofkommes zur Kultur ass d'Sektioun „Zougang zur Kultur“ bei Wäitem déi wichtigst, woubäi dësen Zougang ewéi „eng absolut Prioritéit vun der Regierung“ ugesi gëtt. Laut dem aleedende Paragraf „stellt d'Kultur scho vum jéngsten Alter un en Integratiouns- an Inklusiounsfacteur duer, an dat um Niveau vun de verschidde Gemeinschaften.“⁶ Esou beschreift déi nei Regierung d'Zilsetzung vum Zougang zur Kultur. Uschléissend leet d'Koalitiounsofkommes déi ënnerschiddlech Zilgruppe fest, mat besonneschem Fokus op Persounen a prekäre Verhältnisser, Persoune mat spezifesche Besoinen esouwéi Flüchtlingen. Et gesäit verschidde Mesurë vir, ewéi d'Aféierung vu Kulturbeoptraagten „op de verschidde Plazen“, d'Integratioun vun der Kulturverméttlung an d'Kulturinstitutionen an d'Neigestaltung vum Kulturpass. Doriwwer eraus befaasst d'Koalitiounsofkommes sech mat den Theeme „Kultur an de Regiounen“, „Erhale vum Patrimoine“, „kreativ Industrien“ an „Artisteresidenzen“ esouwéi mat den Thematike vun de „Förderinstrumenter“, der „Digitaliséierung“ an der „finanzieller Ënnerstëtzung“. All dës Theemen a Mesuren, déi behandelt ginn, zilen natierlech drop of, den Zougang zur Kultur ze erliichten.

1.3. CONCLUSIOUNEN

Den Zougang zur Kultur kann net op d'Frequentatioun vu kulturellen Ariichtunge reduzéiert ginn. En ziilt an éischer Linn drop of, de verschidde Zilgruppen an hirer ganzer Diversitéit ze erméiglechen, bestoend Barriären ze iwwerwannen a vollstänneg um kulturelle Liewen deelzehuelen. Den Zougang zur Kultur stéisst weider op eng ganz Rëtsch Barriären, déi jee no Kontext a betreffenen Zilgruppen ënnerschiddlech ausgepräägt sinn. Dobäi kann et sech ëm physesche Contrainten handelen, déi mat der Accessibilitéit vun den Infrastrukturen oder der Mobilitéit zesummenhänken, ëm sozioekonomesch Facteuren, déi d'Bedelegungsfäegkeet beaflossen, esouwéi ëm symbolesch a psychologesch Hindernisser, wéi beispillsweis eng feelend Identifikatioun oder e Gefill vun der Netzugehéieregkeet. Eng méi detailléiert Berücksichtigung vun dësen Dimensiounen ass eng zentral Erausforderung vun dësem Aktiounsplang.

langage, le travail, les échanges, les coutumes et modes de vie... en somme l'ensemble complexe des modes de vie actuels. »

⁶ Iwwersetzung vum Originaltext: « la culture constitue un facteur d'intégration et d'inclusion dès le plus jeune âge, et ce au niveau des différentes communautés. »

Den Zougang zur Kultur betrëfft och d'Kënschtler, déi Kreativ, d'Mediateuren an déi Professionell an de Kulturinstitutionen, déi eng wichteg Roll spillen, fir dës Bedeelegung ze erméiglechen. D'Zil vum nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ besteet dofir doran, besser Bedéngunge fir d'Bedeelegung, d'Schafen, d'Diffusioun an den Accueil ze garantéieren, fir datt all Acteur am kulturelle Beräich seng Plaz fannen a seng Roll an engem gëeegenten Ëmfeld wouerhuele kann, fir aktiv un der demokratescher Vitalitéit vum Land bäizedroen.

2. ANALYS VUN DER AKTUELLER SITUATIOUN

Zënter enger Rei Jore féiert de Kulturministère reegelméisseg Publikumsstudien duerch a gëtt der an Optrag, fir déi kulturell Praktike vun der Bevëlkerung ze analyséieren, am Aklang mat de Recommendatioune vum Kulturentwécklungsplang 2018-2028 (KEP) am Beräich vun der kultureller Accessibilitéit. D'Analys vun de Gewunnechten, den Erwaardungen an de physeschen, sozialen oder symboleschen Hindernisser, deenen déi verschidden Zilgruppe begéinen, erméiglecht et, d'Defien ze identifizéieren an d'Kulturpolitik méi effikass auszeriichten.

An dësem Zesummenhang huet de Kulturministère kierzlech an Zesummenaarbecht mat Fuerschungsinstituter dräi grouss Studien duerchgeféiert, déi zur Ausaarbechtung vun dësem nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ bäigedroen hunn. Dës Sektoun bitt e kuerzen Iwwerbléck iwwer déi dräi Studien esouwéi iwwer déi zentral Conclusiounen, déi sech doraus erginn.

2.1. ENQUÊTE „LES PRATIQUES CULTURELLES DES JEUNES“ (ËMFRO IWWER D'KULTURELL PRAKTIKE VUN DE JONKEN) (DONNÉË VUN 2023) Eng Studie, déi vum Kulturministère beoptraagt a vum Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER) duerchgeféiert gouf⁷

Dës Studie, déi tëschent Mëtt September a Mëtt November 2023 bei 6 056 Jonker am Alter vu 6 bis 21 Joer zu Lëtzebuerg duerchgeféiert gouf, dréit zu engem bessere Verständnis vun de kulturelle Praktiken a Gewunnechte vun de jonke Generatioune bäi. Se behandelt ënnerschiddlech Beräicher, dorënner audiovisuell an digital Contenuen, d'Liesen, Konscht- a Fräizäitaktivitéiten, sportlech Aktivitéiten esouwéi d'Frequentatioun vu Kulturhaiser.

D'Studie hieft eng altersofhängeg Entwécklung vun de Praktiken ervir, déi eng progressiv Autonomiséierung vun de Jonken zeréckspigelt. Se weist doriwwer eraus op ausgeprägt geschlechtsspezifesch Ënnerscheeder hin, woubäi bei Meedercher eng méi grouss Diversitéit an oft méi héich Participatiounstauxen esouwuel bei Sortien ewéi bei Kultur- a Fräizäitaktivitéiten ze beobachte sinn.

Déi wichtegst an heefegst Ënnerscheeder hänken awer mam sozialen Ëmfeld zesummen. Jonker aus de privilegierteste soziale Milieue kënnen eng méi grouss Diversitéit vu kulturelle Praktiken erliewen, sief et d'Liesen, Konscht- a Fräizäitaktivitéiten oder d'Frequentatioun vu Kultur- oder Fräizäitinfrastrukturen. Jonker aus manner privilegierte Milieuen dogéint schéngen méi staark op de Konsum vu Medien, ewéi d'Televisioun, ausgeriicht ze sinn a si méi an de sozialen Netzwierker ënnerwee. Dës sozial Inegalitéite schéngen esou schonn am fréien Alter d'Kultur- a Fräizäitpraktiken ze prägen an ënner anerem den Zougang zur Kultur an d'Bedelegung un der Kultur vun deene Jonke vun haut an den Erwuessene vu muer anzeschränken.

⁷ Monique Borsenberger an Nathalie Lorentz, „Les pratiques culturelles des jeunes“, Les études du ministère de la Culture, Nr 4, Kulturministère (Ed.), Lëtzebuerg, Mäerz 2025. Online disponibel: <https://mcult.gouvernement.lu/fr/publications/rapport-etude-analyse/pratiques-culturelles-jeunes-luxembourg-vol1/les-pratiques-culturelles-des-jeunes-rapport-de-synthese.html>

2.2. ENQUÊTE „LA VIE CULTURELLE AU LUXEMBOURG“ (ËMFRO IWWER D'KULTURELLT LIEWEN ZU LËTZEBUERG) (DONNÉEË VUN 2024)

Eng Studie, déi vum Kulturministère beoptraagt a vun der ILRES (Institut luxembourgeois de recherches sociales et d'études de marchés) duerchgefëiert gouf⁸

Zil vun dëser Ëmfro war et, d'Bewunner a Bewunnerinnen aus de fënnef Regiounen vu Lëtzebuerg (déi véier Walbezierker an d'Stad Lëtzebuerg) iwwer de Stellenwäert vun der Kultur an hirem Liewen, hir kulturell Praktiken an hiren Zougang zur kultureller Offer an hirer Wunnregioun ze befroen. Se fügen sech ausserdem an eng historesch Perspektiv an, well déi lescht Studien zu de kulturelle Praktiken aus de Joren 1999 an 2009⁹ stamen, a retracéiert esou d'Entwécklungen, déi zënter dëser Periode beobacht goufen.

Insgesamt huet d'ILRES tëschent September an Oktober 2024 1 981 Interviewe mat Residenten a Residenteën am Alter vu 16 Joer an driwwer duerchgefëiert, déi a Bezuch op Geschlecht, Alter, Nationalitéit a beruflech Tätegkeet representativ fir d'Lëtzebuenger Bevëlkerung sinn.

D'Ëmfro weist, wat fir e Stellenwäert d'Kultur am Liewe vun de Residenten a Residenteën anhëlt a wat fir engen Defie se am Beräich vum Zougang zur Kultur an der kultureller Bedeelegung begéinen. D'Resultater weisen, datt d'Kultur vun enger grousser Majoritéit vun de Befroten als wichteg wouergeholl gëtt, woubäi Ënnerscheeder jee no Wunnregioun, Bildungsniveau a sozioekonomesch Situatioun bestinn.

D'Attraktivitéit vun der kultureller Offer gëtt insgesamt als positiv bewäert, och wann d'Awunnerinnen a bestëmmte Regiounen Problemer am Beräich vun der Accessibilitéit feststellen. D'kulturell Praktiken vun de Residenten a Residenteën weisen Ënnerscheeder esouwuel bei der Bedeelegung un Evenementer ewéi bei der Frequentatioun vu kulturelle Standuerter op. Et gouf eng héich Frequentatioun vu lokalen Evenementer, ewéi traditionell Fester, a vu kulturelle Standuerter, ewéi historesch Sitten, festgestallt. Zäitlech Contraintë stellen awer fir een Deel vun der Bevëlkerung e weesentlech Hindernis duer.

Den Zougang zu kulturelle Standuerter gëtt an éischter Linn duerch den Auto erliichtert, och wann och op déi ëffentlech Verkéiersmëttel an déi duuss Mobilitéit zeréckgegraff gëtt. Aus Siicht vun de Befroten bestinn d'Defien, déi et ze bewältege gëllt, doran, déi bestoend kulturell Offer an d'Geschicht vun der Wunnregioun méi staark ze fërderen, an d'Presenz vun de Kënschtler ze verstärken.

Schliisslech muss d'Entwécklung vun den Informatiounsoutillen an der kultureller Offer weidergefëiert ginn, fir e méi breede Publikum ze erreechen, besonnesch nei Residenten a Residenteën vun enger Regioun an déi Jonk. Déi kulturell Aktivitéiten, ewéi Concerten, Festivallen an traditionell Fester, déi

⁸ Laurence Brasseur a Manon Breden, „La vie culturelle au Luxembourg“, Les études du ministère de la Culture, Nr 05, Kulturministère (Ed.), Lëtzebuerg, Mäerz 2025. Online disponibel: <https://mcult.gouvernement.lu/fr/publications/rapport-etude-analyse/enquete-la-vie-culturelle-au-luxembourg/enquete-la-vie-culturelle-au-luxembourg-rapport.html>

⁹ Anne Auburn, Monique Borsenberger, Pierre Hausman a Guy Menard, „Les pratiques culturelles au Luxembourg“, Cahier PSELL, Nr 152, CEPS/INSTEAD (Ed.), Déifferdeng, 2006. Julia Bardes a Monique Borsenberger, „Les pratiques culturelles et médiatiques au Luxembourg. Éléments de synthèse de l'enquête Culture 2009“, Les Cahiers du CEPS/INSTEAD, Nr 2011-16, CEPS/INSTEAD (Ed.), Esch-Uelzecht, 2011.

vun de Befroten als prioritär agestuuft ginn, erweise sech als wichteg Mëttelen, fir dat kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg ze stäerken an eng méi grouss Biergerbedeelegung ze fërderen.

Insgesamt beleeën d'Resultater vun dëser Ëmfro en Zesammenhang tëschent dem Stelleväert, deen eng Persoun der Kultur an hirem Liewe gëtt, der kultureller Offer an der Proximitéit vun de kulturelle Standuerter an de kulturellen Evenementer. Domat bidden dës Donnéeën eng wichteg Grondlag, fir déi zukünfteg Kulturpolitik auszeriichten, besonnesch an de Regionen, a fir op d'Besoinen an d'Erwaardunge vun de Residenten a Residenteën zu Lëtzebuerg anzegoen.

2.3. D'ÉTUDE QUALITATIVE SUR L'ACCÈS À LA CULTURE DES PERSONNES EN SITUATION DE HANDICAP (QUALITATIV STUDIE IWWER DEN ZOUGANG ZUR KULTUR FIR PERSOUNE MAT ENGER BEHËNNERUNG) (DONNÉEË VUN 2025)

Eng Studie, déi vum Kulturministère beoptraagt a vun der ILRES (Institut luxembourgeois de recherches sociales et d'études de marchés) duerchgefëiert gouf¹⁰

Fir d'Resultater vun der *Enquête „La vie culturelle au Luxembourg“* (Studie iwwer d'kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg) ze ergänzen an den nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ virzebereeden, gouf eng qualitativ Studie gezielt mat ënnerschiddleche Gruppe vu Persoune mat enger Behënnerung duerchgefëiert. Zil war et, hir Praktiken, hir Erwaardungen an déi festgestallt Hindernisser ze verstoen a gläichzäiteg d'transversal Barriären an d'spezifesch Besoinen ze identifizéieren, déi déi verschidde Gruppen an Einzelpersoune geäussert hunn.

Dës Studie, déi tëschent September an Oktober 2025 duerchgefëiert gouf, huet op fënnef Fokusgruppen baséiert, déi an Zesummenaarbecht mat lokalen Associatiounen zesummegehallt goufen. Dës Approche, déi de Parcours, d'Emotiounen an d'Erfahrungen an de Mëttelpunkt stellt, erméiglecht et, individuell a kollektiv Realitéite siichtbar ze maachen. Am Ganzen hu 35 Participanten a Participanteën am Alter vu 15 bis 85 Joer un den Diskussiounen deelgeholl, déi a fënnef ënnerschiddlech Gruppen opgedeelt waren:

1. visuell Beanträchtegung
2. auditiv Beanträchtegung
3. ageschränkt Mobilitéit
4. Autismus-Spektrum-Stéierung
5. intellektuell Beanträchtegung

D'Studie vermëttelt e kloert Bild vun der Wichtigkeet vun der kultureller Accessibilitéit fir Persoune mat enger Behënnerung a vun den dauerhaften Hindernisser, déi hir Bedeelegung beanträchtegen. Trotz enger staarker Motivatioun, sech aktiv a passiv um kulturelle Liewen ze bedeelegen, besti weiderhi weesentlech Hindernisser, sief et physescher, sensorescher, organisatorescher oder kommunikativer Natur.

D'Analys weist, datt d'Accessibilitéit vun den Infrastrukture weiderhin ongläich ass, woubäi e Bedarf un enger klorer Beschëlderung, ugepassten Tribünen, barrierefräien Toiletten a Rouzone besteet.

¹⁰ Kulturministère, Rapport a Bearbechtung.

D'Participanten a Participanteë betounen zudeem d'Wichtigkeet vu spezifische Mesuren ewéi roueg Besuchszäiten, prioritär Schlaangen a vereinfacht Parcoursen, fir de sensoreschen a logisteschen Ufuerderunge gerecht ze ginn.

D'Kommunikatioun ass e weideren zentralen Aspekt, well se d'Grundlag fir d'Previsibilitéit ass. D'Informatiounen zu barrierefräien Evenementer si weiderhin zersplittert. D'Ariichte vun engem nationale Portal, dat dës Informatiounen zentraliséiert, esou wéi d'Benotzung vu Supporte mat einfacher Sprooch, Piktogrammer, Erklärungsvideoen an alternative Formater (Audio, Ënnertitel, Gebäerdesprooch) erschéngen als noutwendeg, fir de Public op eng strukturéiert, verständlech an inklusiv Aart a Weis ze informéieren.

Doriwwer eraus ass d'Formatioun vun de kulturellen Acteuren am Beräich vum inklusiven Accueil a vum Émgang mat sensibele Situatiounen entscheidend, fir eng respektvoll a reiwungslos Erfahrung ze garantéieren. Eng finanziell Ënnerstëtzung muss och virgesi ginn, fir d'Käschte fir d'Dolmetscher, d'Ënnerstëtzungstechnologien an d'Organisatioun vu spezifischen Evenementer fir Persoune mat enger Behënnerung ze decken.

D'Entwécklung vun enger villfältiger an inklusiver Kulturoffer ass vun zentraler Bedeutung. Dozou gehéieren d'Organisatioun vu spezialiséierte Festivallen, vu Kinosseancë mat reduzéiertem Volume esouwéi vu vereinfachten Theaterstécker an d'Diversifizéierung vun den innovative Formater ewéi barrierefräi Musek a sensoreschen Theater.

Schliisslech muss d'Inklusioun och duerch déi aktiv Bedeelegung vu Persoune mat enger Behënnerung un de Programmkomiteeën esouwéi duerch d'Ënnerstëtzung vun eegestännegen Initiative vu Benotzergruppe séchergestallt ginn. Dës Recommendatiounen zilen drop of, eng Kultur ze fërderen, déi fir jiddereen zougänglech ass, déi op enger universeller Approche berout an zesumme mat de betraffene Persounen an Acteuren entwéckelt gëtt. Se stelle weesentlech Hiewel duer, fir déi kulturell Inklusioun zu Lëtzebuerg ze stäerken an all Bierger a Biergerin d'Méiglechkeet ze bidden, vollstänneg um kulturelle Liewen deelzehuelen.

3. BESCHREIWUNG VUM AUSAARBECHTUNGSPROZESS VUM NATIONALEN AKTIOUNSPLANG „ZOUGANG ZUR KULTUR“

3.1. ENG METHODOLOGIE, DÉI SECH U GROUSSEN TRANSVERSALEN INTERVENTIIONSACHSEN ORIENTÉIERT

Virum Hannergrond vun der transversaler a multidimensionaler Natur vun der Kultur huet de Kulturministère schonn am Juni, direkt no der Presentatioun vun der *Enquête „La vie culturelle au Luxembourg“* (Studie iwver d'kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg), eng Cellule fir d'Koordinatioun an d'Ëmsetzung vum nationalen Aktiounspang „Zougang zur Kultur“ ageriicht.

Den Ausaarbechtungsprozess vum nationalen Aktiounspang „Zougang zur Kultur“ huet follgend Etappen ëmfaasst:

- Ausschaffung vun engem éischten Entworf am Abrëll 2025 duerch den Departement fir den Accès zur Kultur, kulturell Planung an Innovatioun, op der Grondlag vun den Erfahrungen, déi am Laf vun deene leschte Joren um Terrain gesammelt goufen.
- Intern Analys an offiziell Presentatioun vun der *Enquête „La vie culturelle au Luxembourg“* (Studie iwver d'kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg)
- Ariichtung vun enger Cellule fir d'Koordinatioun an d'Ëmsetzung vum nationalen Aktiounspang „Zougang zur Kultur“.
- 25. Juni 2025: Organisatioun vun den Assises culturelles zum Thema Zougang zur Kultur am CAPE, begleet vun thematesche Workshoppen an enger Online-Consultatioun.
- Contributiounsphas mat uschléissender Récksprooch mat Kulturinstitutionen an ëffentleche Kulturariichtungen.
- Contributiounsphas vun de Mataarbechter a Mataarbechterinne vum Kulturministère.
- Récksprooch mam Kultursecteur geglidert no Themeberäicher.
- Récksprooch mat de Sozialpartner an aneren Institutionen, déi ënnerschiddlech Zilgruppe verrieden
- 24. November 2025: éischt Reunion fir d'Festleeë vum Kader an d'Strukturéierung vun de Contributionen zu Buerglënster mat der Cellule, dem Ministercabinet an de Responsable fir déi verschidde Prioritéiten.
- Intern Analys vun der *Etude qualitative sur l'accès à la culture des personnes en situation de handicap* (Qualitativ Studie iwver den Zougang zur Kultur fir Persoune mat enger Behënnerung).
- 2. Mäerz 2026: Diskussioun a Validatioun vum Projet vum nationalen Aktiounspang „Zougang zur Kultur“ duerch de Ministercabinet
- 5. bis 20. Mäerz 2026: Iwwermëttlung vum Projet vum nationalen Aktiounspang „Zougang zur Kultur“ am Kader vun interministeriellen Entrevuen a geziilten Echangë mat de betroffenen Acteuren
- 23. Mäerz 2026: Endgültteg Validatioun vum nationalen Aktiounspang „Zougang zur Kultur“ duerch de Ministercabinet
- 3. Abrëll 2026: Iwwermëttlung vum nationalen Aktiounspang „Zougang zur Kultur“ un de Regierungsrat

3.2. E GEMEINSAAMT ENGAGEMENT AN ENG PARTICIPATIV APPROCHE

3.2.1. D'Kulturassisen 2025 ronderëm d'Thema „Zougang zur Kultur“

De 25. Juni goufen zu Ettelbréck am CAPE an am Hariko d'Kulturassisen 2025 ofgehalen, bei deenen den Zougang zur Kultur am Mëttelpunkt stoung. Bei der Erëffnung vun dësem Event, un deem iwwer 300 Acteuren aus Kultur, Sozialwiesen an Institutioune bedeelegt waren, huet de Kulturminister Eric Thill d'Ausschaffe vun engem ambitiësen nationalen Aktiounsplang mam Zil, den Zougang zur Kultur fir jiddwereen ze verbesseren, ugekënnegt.

„D'Verbesserung vum Zougang zur Kultur ass an der Verfaassung an am Koalitiounsvertrag verankert a stellt fir mech eng wichteg politesch Prioritéit duer“, huet de Minister erkläert. „Aus deem Grond hu mir ugefaangen, en nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ auszeschaffen, mam Zil, Barrieren, sief dat sozialer, geografescher, physescher oder symbolescher Natur, ofzebauen.

D'Zil ass kloer: jiddweree soll – onofhängeg vun Alter, Hierkonft, Situatioun oder Liewenswee – ouni Aschränkung um kulturelle Liewe vum Land deelhuele kënnen. Dëse Plang soll eis erméiglechen, eng Kultur opzebauen, déi nach méi gedeelt gëtt, inklusiv a lieweg ass an eis Gesellschaft erëmispigelt.“

Kultur: Spiegel vun der Gesellschaft, Motor vun der Gesondheet

D'Assisen hunn duerno d'Geleeënheet gebueden, d'Resultater vun der nationaler Ëmfro „Kulturlieden zu Lëtzebuerg“ virzestellen, déi de Kulturministère an Optrag ginn hat an déi am Joer 2024 duerchgefouert gouf (weider Detailer am Kapitel 3).

Den Ameer Shaheed, Beroder vun der Weltgesondheetsorganisatioun, huet dunn e Virtrag gehalen, an deem hien de wuessenden Impakt vu kënschtleresche Praktiken op d'Gesondheet an d'Wuelbefannen ervirgestrach huet. Op Basis vu wëssenschaftlechen Donnéeën huet den Ameer Shaheed gewisen, wéi Kultur zu der Preventioun, der Behandlung an der Gestiou vun enger ganzer Rei vu Gesondheitszoustänn – vu psychesche bis hin zu chronesche Krankheeten – bäidroen kann. Weiderhin huet hien d'Noutwendegkeet vun integréierte politesche Kaderen, déi eng secteuriwwergräifend Zesummenaarbecht tëscht Kultur a Gesondheet erliichteren, souwéi d'Entwécklung vu kohärenten ëffentleche Politicken, ënnerstrach.

Kulturell Impulser géint d'Barrieren

Der Vermëtteg gouf duerch eng Rei Presentatioune vun innovativen Initiativen ofgerënnt:

- Mat hirem Projet „Mat lech“ huet d'Elisabeth Schilling gewisen, wéi een zäitgenësseschen Danz proaktiv vermëttelen kann, andeems een op d'Publikum zougeet an ongeaant Beräicher erschléisst.
- Kulturell Transmissioun queeren: D'Enrica Pianaro an d'Sandy Artuso (LEQGF) hunn d'Froen zu den Themaen Genre, Sexualitéiten an intersektional Gläichstellung am Kulturberäich thematiséiert.
- D'Architektin Tatiana Fabeck huet um Beispill Käercher Schlass demonstréiert, wéi een d'Kulturierwen op eng inklusiv an zäitgeméis Manier valoriséiert.
- D'Réjane Nennig vun der Gemeng Déifferdeng huet d'Entwécklung vun der partizipativer kultureller Entwécklung um lokalem Niveau gedeelt.
- Zum Schluss huet d'Marie-Paule Jungblut, déi notamment am Beräich vun der Fuerschung an der Transmissioun op der Universitéit Lëtzebuerg engagéiert ass, Iwwerleeungen iwwer d'Bestandsopnam vum Vollekskulturierwe presentéiert,.

Deen domat initiéierten Austausch gouf nomëttes am Kader vu fënnef Ateliere verdéift:

- Visibilitéit a Kommunikatioun
- Benevolat
- Bildung
- Digitalen Zougang
- Partner a Collaboratiounen

3.2.2. D'Consultatioun zum nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ no de Kulturassisen 2025

Während de Kulturassisen 2025 huet de Kulturministère eng Consultatioun mat sämtleche kulturellen Acteuren als Deel vun der Entwécklung vum nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ lancéiert. D'Zil vun dëser Demarche war, Bäitrag ze sammelen, fir d'Erausforderungen an d'Hiewelen, déi den Zougang zur Kultur fir jiddweree fërderen, ze identifizéieren.

D'Consultatioun gouf tëscht dem 25. Juni an dem 16. Juli 2025 iwwer en Online-Questionnaire duerchgefouert, bei deem 78 Äntwerten erakoumen. An deem op verschidde virgeschloe Prioritéite konzentréierte Questionnaire ware geschlossene Froen (Klassement vun de Prioritéiten, Erausforderungen, Hiewelen) an oppe Froen (Beispiller vun Initiativen, Virschléi).

Déi eenzel Bäitrag hu gemeinsam Hindernisser, wéi e Manktem u mënschlechen a finanziellen Ressourcen, Koordinatiounsschwieregkeeten tëscht sozialen a kulturellen Acteuren, Sprochebarrièren, souwéi Problemer bei der physischer an der digitaler Barrièrefräiheet däitlech gemaach. Déi sozial an territorial Ongläichheeten, d'Komplexitéit vum kulturelle Secteur an d'Feelen oder de Manktem un Informatiounen iwwer d'juristesche Kadere fir bestëmmte Praktiken (Archiver, Barrièrefräiheet) goufen ënnerstrach.

Zu de proposéierten Hiewele gehéieren d'Integratioun vu Kultur an d'Léierpläng, d'Kreatioun vu Plattformen fir kulturell Mediation, d'Stärkung vu Partnerschaften tëscht Institutiounen a Veräiner, d'Entwécklung vu spezialiséierte Formatiounen am Beräich vun der kultureller Mediation an der inklusiver Kommunikatioun, souwéi d'Ënnerstëtzung vun der lokaler Kreativitéit an der kënschtlerecher Diversitéit. Moossname wéi d'Reform vun de Cahier-de-charge vun den Institutiounen am Sënn vun enger gréisserer Inklusivitéit an d'Entwécklung vu barrièrefräien digitalen Tools goufen och als wichteg ugesinn.

Dowéinst goufen d'Resultater vun dëser Consultatioun beim Ausschaffe vum nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ agebaut. Si déngen domat als zolidd Grondlag fir d'Ausriichtung vun de künftege Moossnamen zugonschte vun engem inklusiven a gerechten Zougang zur Kultur, andeems se d'Zesummenaarbecht tëscht den Acteuren stäerken an déi kulturell Diversitéit an all hire Formen valoriséieren.

3.2.3. Erweidert Consultatioun an Abanne vum Kultursecteur no Beräicher, a vun de soziale Partner an aneren Institutiounen, déi dës verschidden Zilgruppe verrieden

Am Kader vun der Entwécklung vum PAN „Zougang zur Kultur“ gouf e besonnesch breet ugeluechten an inklusive Consultatiounsprozess duerchgefouert, deem d'Diversitéit an d'Transversalitéit vum Kultursecteur erëmispigelt. Dobäi goufen iwwer honnert Acteuren consultéiert, déi e breede Spektrum un Disziplinen, Strukturen an Zilgruppen ofdecken. Sämtlech kulturell Instituter an öffentlech kulturell Aariichtunge goufen am Virfeld an dëse Prozess agebonnen, souwuel duerch direkten

Austausch wéi och duerch d'Méiglechkeet, schrëftlech Bäitrag anzereeche, déi d'strategesch Iwwerleeunge wesentlech beräichert hunn.

Iwwer dës institutionell Consultatiounen eraus gouf den Austausch ronderëm grouss Themeberäicher strukturéiert, wat erlaabt huet, d'Acteure kohärent ze regruppéieren an d'Themaen op eng geziilt Aart a Weis unzegoen. Duerch dës Approche war et vill méi einfach, op d'Bedierfnesser an d'Realitäten um Terrain anzegoen a konkret Virschléi ze maachen. Jiddwer Interview gouf an engem detailléierten interne Rapport festgehalten, wat eng riguréis Traçabilitéit vun de Bäitrag an eng Analys vun de gesammelten Informatiounen erméiglecht huet.

An dësem Kontext goung et besonnesch ëm d'Fäegkeet, déi vill ausgedréckten Iddien ze kanaliséieren an ze strukturéieren. Während eenzel Virschléi direkt an de Beräich vum Zougang zur Kultur gefall sinn, goufen anerer, och wann se peripher waren, als genee esou relevant ugesinn. Et läit op der Hand, datt all dës Bäitrag enger déifgräifender Analys ënnerzu ginn a gesat de Fall an zukünfteg Initiativen, notamment am Kader vum nächste Kulturentwécklungsplang, afléisse wäerten. Dës Weidere sief drop higewisen, datt d'Acteuren, déi invitéiert goufen, un dësem Consultatiounsprozess deelzehuelen, am Kapitel 7.1 opgelëscht sinn, wouduerch d'Transparenz, wat d'Diversitéit vun de betroffenen Acteuren ugeet, garantéiert gëtt.

3.2.4. Integriert a koordinéiert interministeriell Concertatioun

Am Kontext vun enger staarker Transversalitéit vun den ëffentleche Politicken huet sech eng enk a koordinéiert interministeriell Consultatioun als Schlësselement bei der Entwécklung vum Aktiounsplang erausgestallt. No der Validatioun vun der provisoirescher Versioun vum PAN „Zougang zur Kultur“ am Kulturministère goufen all déi betraffe Ministèreen agebonnen, fir se transparent iwwer déi Moosnamen ze informéieren, déi en Impakt op hir Kompetenzberäicher kéinten hunn.

Et goufen intensiv Gespréicher gefouert mat deenen am direktsten involvéierte Ministèreen, wéi de Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, an enker Zesummenaarbecht mat Info-Handicap, Akzent! a Cultur'all, dem Inneministère, an enker Zesummenaarbecht mam SYVICOL, dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet an dem Ministère fir Wunnungs- a Landesplanung. Dësen Austausch, dacks a Form vu geziilten Interviewen, huet dobäi gehollef, konkret Synergien ze identifizéieren an déi proposéiert Aktiounen ze verfeinere.

3.3. E FORMELLT ENGAGEMENT VUN DER REGIERUNG

3.3.1. Ofstëmmung mam Koalitiounsofkommes a mam Kulturentwécklungsplang 2018-2028

Den nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ konkretiséiert déi strategesch Engagementer vun der Regierung am Kulturberäich. Och wann eleng de Volet „Zougang zur Kultur“ eng Prioritéit ass, déi kloer am Koalitiounsofkommes verankert ass, geet seng Portée wäit iwwer dës politesche Kader eraus. Et handelt sech ëm en zudéifst transversalen Defi, deen d'Biergerbedeelegung, d'Interkulturalitéit, de sozialen Zesummenhalt, d'Bildung, d'Inklusioun, d'Kulturverméttlung, de Patrimoine, d'digital Innovatioun, d'Digitaliséierung, d'Entwécklung vun enger Kulturoffer, déi sech gläichméisseg duerch d'ganz Land verdeelt, de Kulturtourismus an de Benevolat am Kulturberäich matenee verknëppt.

Dës Transversalitéit kënn am Kapitel „Kultur“ vum Koalitiounsofkommes kloer zum Ausdrock: vu fofzéng zentralen Engagementer ëmfaassen der néng – op eng vollstänneg oder deelweis Aart a Weis – eng Dimension vum Zougang zur Kultur:

- Zougang zur Kultur
- Kultur an de Regiounen
- Erhale vum Patrimoine
- Kreativindustrie
- Kënschtlerresidenzen
- Ausbau vun de Bibliothéiken
- Fërderinstrumenter
- Kultur an Digitaliséierung
- Promotioun vun der Kultur

Am Uschloss un de *Kulturentwécklungsplang 2018–2028* bestätegt sech dës Dynamik op eng genee sou offensichtlech Aart a Weis : dräi Kapiteln dovun si direkt betraff — besonnesch déi iwwert d’künstleresch a kulturell Bildung, d’Kultur an de Regiounen souwéi d’kulturell Biergerschaft an d’Accessibilitéit —, vun deenen dräizéng Recommandatiounen, explizitt oder implizitt, Erausfuerderunge beschreien, déi mam nationale Aktiounsplang « Zougang zur Kultur » a Verbindung stinn.

Dorausser léisst sech schléissen, datt den nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ staark op d’Prioritéiten, déi am Koalitiounsofkommes an am Kulturentwécklungsplang 2018-2028 definéiert sinn, opbaut an domat en operatiivt Instrument duerstellt, fir e groussen Deel vun den Engagementer vun der Regierung kohärent ëmzesetzen.

3.3.2. Adoptioun vum nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ duerch de Regierungsrat

Während senger Sëtzung vum 15. Abrëll 2026 huet de Regierungsrat d’Grondsätz vum nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ adoptéiert.

Dës Adoptioun geet Hand an Hand mat enger Decisioun vun der Regierung, elo scho budgetär Mëttele fir 2026 virzegesinn, fir eng effikass Ëmsetzung vum Plang sécherzestellen. Mat dëser Validéierung verfüügt de Plang elo iwwer den néidege politeschen Impuls an déi noutwendeg Legitimitéit, fir datt d’operativ Phas direkt ageleet ka ginn. Et läit op der Hand, datt de Kulturministère wëlles huet, dës Dynamik ze notzen, fir elo schonn déi éischt Mesuren a konkret Aktiounen ëmzesetzen.

4. DÉI SIWE PRIORITÉITE VUM NATIONALEN AKTIOUNSPLANG „ZOUGANG ZUR KULTUR“


Fir d’strategesch Orientatioune vum nationale Aktiounspiang « Zougang zur Kultur » operativ ëmzesetzen, ass dës ronderëm siwe Prioritéite strukturéiert, déi an 33 Ziler an 99 konkret Aktiounen ausformuléiert sinn. Dës solle sech no enger progressiver Trajectoire kuerz-, mëttel- a laangfristeg entwéckelen.

Déi Approche ass duebelgleiseg: op der enger Säit mat strategeschen Impulsen duerch de Ministère, iwwer Aktiounen, déi gläichermoossen strukturéierend a vun experimenteller Natur sinn an dorop ausgeriicht sinn, nei Modeller z’erpräiwen an operational Léiereffekter doraus ze zéien. Op der anerer Säit eng aktiv Mobiliséierung vun allen Acteuren, déi essentiell ass, fir eng effikass a kohärent Ëmsetzung sécherzestellen.

An dësem Kontext stellt eng proaktiv, ofgestëmmten a voll koordinéiert Approche eng entscheidend Bedéngung duer, fir de Succès vum Plang ze garantéieren.

All Prioritéit gëtt an e Kontext gesat a gëtt ergänzend duerch eng kuerz a strukturéiert Presentatioun vun den Ziler beschriwwen, fir d’Erausforderungen ze verdäitlechen an d’Liesbarkeet ze vereinfachen.

Schema zur Glidderung vun de Prioritéiten:



Als Basis déngt d’Definitioun vum Zougang zur Kultur, wéi se am Kapitel 2 beschriwwen gouf. Dëst Scheema weist kloer, datt d’Participatioun fir all Mënsch dat zentraalt Element duerstellt – egal ob aktiv, duerch kënschtlersch Kreatioun, Kompetenzopbau an d’Biergerdebatt, oder passiv, iwwer den Zougang zur kultureller Offer.

An deem Zesammenhang gëtt et explizit däitlech, datt déi ausgewielte Prioritéiten op kohärent Aart a Weis an déi verschidde Niveaue vum konzeptuelle Referenzkader agebonne sinn. Konkret zilen dräi vun de siwe Prioritéiten direkt dorop, d'Accessibilitéit ze stäerken – sief et an hire sozio-ekonomeschen, geographeschen, physeschen, sproochlechen oder digitalen Dimensiounen – während véier weider Prioritéiten éischter am Beräich vun der Promotioun ugesidelt sinn, notamment am Hibleck op d'Siichtbarkeet, d'Mediatioun an d'Opwärtung vun der kultureller Offer.

➔ **Prioritéit 1: Biergerbedeelegung, Diversitéit a kulturell Inklusioun an all hire gesellschaftlechen Dimensiounen**

a) Introductioun

D'Recommandatiounen 49 an 51 vum KEP ënnersträichen d'Noutwendegkeet, d'kulturell a biergerlech Participatioun duerch konkret Integratiounsmoosnamen ze stäerken an eng aktiv kulturell Biergerbedeelegung ze fërderen. Duerch d'Ëmsetze vun deenen och am Koalitiounsvertrag festgehalene Verplichtunge spigelt dës Prioritéit dem Staat säin Engagement, den Zougang zur Kultur als Hiewel fir sozial Kohäsioun a Biergerbedeelegung fir all d'Generatiounen, vun deene Jéngste bis zu deenen Eelsten, a sämtleche Liewensphasen ze notzen. Dës Richtlinne fannen haut hir ganz Resonanz an dëser Prioritéit, déi dës Ambitiounen a konkret Aktiounen ëmsetze wëllt. Et war och genee dës Prioritéit, déi de Gesetzgeber am Joer 2023 dozou beweegt huet, den Zougang zur Kultur als en Zil vu verfassungsrechtlichem Wäert ze betruechten.

Engersäits bestätegt d'Ëmfro „Kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg“ dës Orientéierung: Och wann d'Majoritéit vun den Awunnerinnen an Awunner déi essenziell Roll vun der Kultur fir de sozialen Zesammenhalt unerkennt, bestinn dach weiderhin Ongläichheete jee no Alter, Hierkonftsregioun, sozialem Hannergrond oder spezifesch Liewensëmstänn, souwéi eventuelle spezifesch Besoinen. Ausserdeem huet dës Ëmfro däitlech gemaach, datt e méi nuanciéierten Usaz essenziell ass, fir déi besteeënd Hindernisser ze erfaassen. Aus dësem Grond gouf eng ergänzend qualitativ Etüd duerchgefouert, bei där Leit mat spezifesch Besoinen direkt zu Wuert koumen, fir hir gelieft Erfarungen, konkret Besoinen a méiglech Verbesserungsusätz méi detailléiert ze verstoen. Weiderhi goufen am Kader vun der ëffentlecher Petitioun Nr. 3786 („Den Zougang am Rollstull dierft net méi kaschten – d'Kultur gehéiert jiddwerengem“) formuléiert Fuerderunge besonnesch opmierksam analyséiert.

Dofir gëtt der Inklusioun an der Barrièrefräiheet fir Leit mat spezifesch Besoine grouss Opmierksamkeet geschenkt. Dës Approche baséiert op de rezente gesetzlechen a reglementareschen Entwécklungen a Saache Barrièrefräiheet vun ëffentleche Plazen, souwéi vu Produiten a Servicer, déi konkret an de Kompetenzberäich vum Observatoire fir d'Barrièrefräiheet vun ëffentleche Servicer falen. Aus dësem Grond besteet d'Prioritéit doran, déi physesch, sensoresch, kognitiv a sozial Barrière proaktiv ofzeschaffen, déi der kultureller Participatioun nach ëmmer am Wee stinn. An dësem Zesammenhang ass et och ubruecht, d'Qualitéit vun der Zesummenaarbecht mat wichtege Partner wéi Info-Handicap, Akzent!, Cultur'all souwéi de Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil (MFSVA) ze ënnersträichen, deenen hir Expertise a Verankerung um Terrain decisiv Facteure fir eng effikass a kohärent Ëmsetzung sinn.

D'Zil vun dëser Prioritéit ass, jidderengem e gläichberechtigten Zougang zur Kultur ze garantéieren, andeems konkret géint déi physesch, medezinesch, psychesch, sensoresch a kognitiv Barrière virgaange gëtt, déi nach ëmmer eng onageschränkt Participatioun vu bestëmmten Zilgruppen um kulturelle Liewe bremsen. Am Sënn vun enger echter Inklusioun, an esou wäit wéi méiglech, verfollegt dëst Dokument bei der Beschriewung vun de Moosnamen en allgemengen Usaz, ouni spezifesch

Gruppen ze cibléieren, well dovun ausgaange gëtt, datt dee gemaachte Fortschrëtt engem méi grouse Publikum zegutt komme wäert. Doriwwer eraus muss een sech an engem Land mat engem esou aussergewöhnlechen Immigratiounsniveau wéi zu Lëtzebuerg och deene sëllege kulturelle Barrière bewosst sinn an no de Prinzipie vun der Interkulturalitéit handelen.

Konkret ass dës Prioritéit an aacht operationell Ziler opgedeelt, déi a véieranzwanzeg Moosnamen ëmgesat ginn an déi gesamt Participatiounsketten ofdecken. Engersäits ziilt se dorop of, d'partizipativ Gouvernance ze stäerken, notamment duerch d'Grënnung vun engem Berodungsgremium „Zougang zur Kultur“. Anerersäits viséiert se d'Ofschafe vu sozio-ekonomesche Barrièren an zwar duerch d'Weiderentwécklung vum Kulturpass, deem seng Digitaliséierung an Automatiséierung eng méiglechst ëmfaassend Ofdeckung erméigleche wäerten.

Zousätzlech gi strukturell Tools agesat, wéi eng digital Plattform, déi d'Verbindung tëscht kultureller Offer an Demande an diverse Kontexter erméiglecht, wärend de kulturelle Benevolat duerch eng nohalteg professionell Begleedung gestäerkt gëtt. Schliisslech gëtt dës Approche mat transversalen Dynamiken ewéi „Kultur, Gesondheet a Wuelbefannen“ oder och nach d'Inklusioun vu Kënschtler mat Behënnerunge vervollstännegt.

All dës Moosname reien sech deemno an eng kohärent Trajectoire an, déi drop ausgeriicht ass, eng inklusiv a gerecht kulturell Participatioun ze garantéieren, déi fest an de gesellschaftleche Realitéiten zu Lëtzebuerg verankert ass.

b) Ziler an Aktiounen

➔ Cf. Tablo

Nationalen Aktionsplang „Zougang zur Kultur“

1. Prioritéit: Biergerbedeelegung, Diversitéit a kulturell Inklusioun an hirer gesamter gesellschaftlecher Reechwäit (8 Ziler mat 24 Aktiounen)

D'Biergerbedeelegung stäerken an d'Diversitéit an déi kulturell Inklusioun an hirer gesamter gesellschaftlecher Reechwäit féerden

Ziler	Aktiounen	Code	Haaptakteur	Akteuren*	Kalenner*
<p>N. 1</p> <p>Zesumme Praktiken an Initiativen entwéckelen, ënnerstëtzen a féerden, déi den Zougang zur Kultur verbesseren</p>	<p>E „<i>Conseil consultatif – Accès à la culture</i>“ schafen, dee sech aus Verrieder a Verriederinne vun de verschiddenen Zilgruppen, Kulturacteuren an anere Gremien zesummesetzt, an e reegelméissegem Austausch iwver d'Realisatioun vun Initiativen, an déi persistent Barrièren aféieren, an thematesch Aarbechtsgruppen opstellen, fir cibléiert Proposen auszeschaffen</p>	1.1	MCult	<p>Composition précise à déterminer ultérieurement (+- 16 membres)</p> <p>entre autres représentants :</p> <ul style="list-style-type: none"> -Société civile -Institutions culturelles -Acteurs culturels (p. ex. artistes, artistes en situation de handicap, représentant/e du bénévolat culturel, représentant/e du Réseau, ...) -Conseils supérieurs existants : personnes en situation de handicap, troisième âge, jeunes, vivre-ensemble, ... -Info-Handicap -CLAE -Akzent! -Klaro -MFSVA -LGBTIQ+– -Cultur'all -Syvicol -SNJ - 	<p>à partir de 2027</p> <p>Action continue</p>

	En evolutive Guide ausschaffen, mat Recommandatiounen a bewäerte Praktike fir Kulturacturen, dee Kommunikatioun, Accueil a Kulturvermittlung fir all Public, esou ewéi d'Inklusioun vu Kënschtler a Kënschtlerinnen, Intervenanten an Intervenanteën an och Employéén an Employéëë mat enger Behënnerung, ofdeckt	1.2	MCult	Tous les acteurs culturels Conseil consultatif	à partir de 2027 Action continue
	Reegelméisseg Formatioune fir Kulturacturen organisieren, zu Theemen ewéi dem inklusiven Accueil, der Gestiou vu sensibele Situatiounen an enger adaptierter Kommunikatioun	1.3	MCult	Tous les acteurs culturels MFSVA MEGA Cultur'all House of Training Œuvres Info-Handicap	à partir de 2027 Action continue
	E Präis fir den Zougang zur Kultur schafen, deen all zwee Joer iwwerrecht gëtt, fir déi bescht Initiativen a verschiddene Kategorien, a fir deen d'Konditiounen, d'Modalitéiten an de Jury vum Conseil consultatif virgeschloe ginn	1.4	MCult	Conseil consultatif Jury Acteurs culturels candidat/es	à partir de 2028 Action récurrente
N. 2 En Zougang zur Kultur garantieren, onofhängeg vun der sozio- ekonomescher Situatioun	D'Hindernisser analysiere fir den Zougang zur Kultur fir Leit a prekäre finanzielle Situatiounen, wéi och d'Disparitéiten, déi mam Akommes a mam sozialen Ëmfeld zesammenhänken, duerch eng quantitativ Ëmfro oder eng Enquête mixte	1.5	Observatoire de la culture	MCult	2027-2028
	De Kulturpass beim Zilpublikum duerch verschidde Schrëtt méi staark etablieren: - D'Office-socialen an d'Gemenge sensibilisieren, fir dass eng aktiv Informatioun, eng Ënnerstëtzung op der Plaz	1.6	MCult, Cultur'all	MFSVA Entente des offices sociaux Syvicol Communes Luxembourg-Ticket GIE	à partir de 2026 Action continue

an e besseren effektiven Zougang zum Kulturpass garantéiert gëtt

- De Kulturpass an den Ekosystem vum Guichet unique social integréieren, fir eng proaktiv Informatioun ze stäerken, d'Iwwersiicht vum Dispositif ze verbessern an dem betraffene Public et ze erméiglechen, iwwer digital Toolen ze simuléieren, ob een eligibel ass
- Cultur'all am Digitalisatiounsprozess vum Kulturpass begleeden an ënnerstëtzen
- Dem Legislatuer e Gesetzesentwurf virleeën, deem dem Kulturministère et erlaabt, op Datebanken zouzepräifen, déi d'Beneficiairë vu relevante soziale Moosname betreffen, fir ze garantéieren, dass all déi berechtigt Zilgruppen den (digitalen) Kulturpass automatesch geschéckt kréien an dass esou bis zu 100% vum Public, deem dofir a Fro kënnt, dervu profitéiert, amplaz vun den aktuellen 20%
- Dës Automatiséierung begleede mat Informatiouns- a Sensibiliséierungsmaterial, dat duerch en digitalen an inklusive Contenu mat Erklärungen ergänzt gëtt, fir dass den Dispositif besser verstane gëtt an de Gebrauch vum Kulturpass gefërdert gëtt
- D'Visibilitéit vum Kulturpass stäerken duerch Mediatiounsaktiounen um Terrain a geziilte Sensibiliséierungscampagnen
- De konventionéierte Secteur responsabiliséieren, fir de Kulturpass aktiv an der Kommunikatioun vu senge Programmer ze promoten

	D'Roll vun de Missioun vu Cultur'all upassen, wat Promotioun, Sensibiliséierung an Ënnerstëtzung betrëfft, souwuel fir de Public ewéi fir de konventionéierte Kultursecteur, fir de Gebrauch vum Kulturpass ze normaliséieren an eng kulturell Participatioun ze fërderen				
	De konventionéierte Secteur sensibiliséieren, fir gerecht Präisser a Präiskategorien anzeféieren, an drop Uecht ze ginn, dass allgemeng Entréespräisser dank den ëffentleche Mëttel accessibel bleiwen	1.7	MCult	Secteur culturel conventionné Réseau et fédérations d'acteurs culturels Conseil consultatif Luxembourg-Ticket GIE DGT Cultur'all	à partir de 2026
N. 3 En Zougang zur Kultur garantéieren, onofhängeg vu physeschen a kognitive Barrièren	Derfir suergen, dass de konventionéierte Secteur d'Standard-Ufuerderunge respektéiert vun der architektonescher Accessibilitéit an dem Ëmgang, déi vun de Labelen EureWelcome a Mosaik gefërdert ginn, andeems Sensibiliséierung, Begleedung a geziilt Ënnerstëtzungsmoosname kombinéiert ginn	1.8	MCult	MFSVA INPA INRA CML Info-Handicap OSAPS	à partir de 2026 Action continue
	Am ëffentlechen a konventionéierte Kultursecteur déi respektiv Kulturpass-Tariffer uwende fir d'Betreier, déi Leit mat enger Behënnerung begleeden, déi op Hëllef ugewise sinn	1.9	MCult	MFSVA Secteur culturel conventionné Info-Handicap Cultur'all Luxembourg-Ticket GIE	à partir de 2028 Action continue
N. 4 D'Acteure vernetzen an de Reseautage stäerken	Eng evolutiv digital Plattform entwéckelen, déi ausgeriicht ass op: - déi kulturell Angeboter an Nofroen am Kader vu Konscht-Interventiounen an ënnerschiddleche Strukturen a Beräicher ze verbannen, wéi Seniorenheemer, Strukturen fir Demandeur-d'asillen, Spideeler, Fraen- a Kannerheemer, Wunnstrukture fir Leit mat	1.10	MCult	Luxembourg-Ticket GIE Culture.lu MFSVA M3S Agence du bénévolat Comité interministériel du bénévolat Réseau et fédérations d'acteurs culturels Info-Handicap	à partir de 2027 Action continue

	<p>enger Behënnerung a fir Jugendlecher, déi a Schwiereregkeete sinn, ...</p> <ul style="list-style-type: none"> - déi kulturell Strukture mat de Kulturverméttler a Kulturverméttlerinnen a Relatioun ze setzen - Beispiller vu bewäerte Praktiken, Programmer a pedagogesche Ressourcen ze zentraliséieren, fir Kulturacturen ze vernetzen esou ewéi fir d’Kultur an de soziale Secteur ze vernetzen - déi verschidde Guiden iwwer d’Kommunikatioun, den Accueil an d’Mediatioun (cf och 1.2) fir d’Kulturacturen ze zentraliséieren 			Conseil consultatif	
	<p>E Kader schafe fir d’Subventiounen, déi d’Interventioun vu Kënschtler a Kënschtlerinne stimuléiert, esou ewéi d’Ëmsetze vu kulturelle Projeten a vun Hëllefsmëttel fir d’Mediatioun, ofgestëmmt op d’Zilgruppen, déi marginaliséiert sinn oder Schwiereregkeeten hunn, hiert Recht op eng kulturell Participatioun auszeüben, andeems d’Projets-Ausschreiwung „<i>Accès à la culture</i>” an e Subsid ëmgewandelt gëtt, dee stänneg disponibel ass, an andeems d’Moyenen eropgesat ginn</p>	1.11	MCult		à partir de 2027 Action continue
	<p>Am Kader vum der Projets-Ausschreiwung „Kultur am Prisong” eng finanziell Hëllef zur Verfügung stellen, déi stänneg disponibel ass, an d’Moyenen dofir eropsetzen</p>	1.12	MCult	MJUST APL	En cours Action continue
N. 5 Eng aktiv kulturell Participatioun vum Public fërderen a valoriséieren	<p>Eng professionell Begleedung fir kulturell Benevolle sécherstellen an eng laangfristeg a spezifesch Informatiouns- a Berodungsfunktioun garantéieren, andeems bei der “<i>Agence du Bénévolat</i>” e Poste geschafe gëtt, deen an der Konventioun vum Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil mat der Agence du Bénévolat integréiert ass</p>	1.13	MFSVA MCult	Agence du bénévolat Comité interministériel du bénévolat	à partir de 2027 Action continue

Zur Entwécklung vun digitale Badgë bäidroen, mat deenen den Engagement am kulturelle Benevolat unerkannt a gefërdert ka ginn	1.14	MCult	MFSVA Comité interministériel du bénévolat Agence du bénévolat	à partir de 2026 Action continue
De Benevolat an der Kultur periodesch mat abannen als e Schwéierpunkt vun der „ <i>Journée officielle du bénévolat</i> “ a vun deene verschiddenen Initiativen, déi sech dem Benevolat verschriwwen hunn	1.15	MFSVA Agence du bénévolat	MCult Comité interministériel du bénévolat Acteurs culturels Bénévolat culturel	à partir de 2027 Action récurrente
Reegelméisseg thematesch Ateliere ronderëm de Benevolat an der Kultur organiséieren	1.16	MCult	MFSVA Agence du bénévolat Comité interministériel du bénévolat Tous les acteurs culturels Bénévolat culturel	à partir de 2027 Action continue
Eng finanziell Hëllef fir Amateur-Veräiner a - Kollektiver entwéckelen, fir dass se méi Visibilitéit kréien, a fir déi kulturell Participatioun vun de Bierger a Biergerinnen ze fërderen	1.17	MCult	Conseil consultatif	à partir de 2028 Action continue
Amateur-Veräiner a Léierplazen iwwe Subventiounen fërderen, fir kulturell Sortien an hire Gebidder ze organiséieren an d’Aktivitéit als Amateur mat der Erfahrung vun der professioneller Kreatioun ze verbannen	1.18	MCult	Secteur conventionné Associations culturelles Bénévolat culturel	à partir de 2028 Action continue

N. 6 Eng gemeinsam „Culture, santé et bien-être“-Strategie schafen	E Reflektiounsdag iwver den Afloss vun der Kultur op d'Gesondheet organiséieren, fir medezinesch Studien, bewäerte Praktiken a gemeinsam Perspektiven ze deelen	1.19	MCult M3S	Professionnel/les de la santé Tous les acteurs culturels Structures de médiation culturelle	2027
	Op Basis vun internationale Studien a vun Erfarungen, déi am Ausland gesammelt goufen, Pilotprojete lancéieren, déi evaluéieren, wéi opportun et fir medezinesch Fachpersonal wier, adaptéiert kulturell Aktivitéiten als Ergänzung zur medezinescher Fleeg ze verschreiwien	1.20	MCult M3S	Tous les acteurs culturels Professionnel/les de la santé Institutions et acteurs culturels partenaires Structures de médiation culturelle	2028-2029
	Eng Informatiounscampagne starten iwver den Afloss vun der Kultur op d'Gesondheet an d'Wuelbefannen	1.21	MCult M3S	Professionnel/les de la santé Acteurs culturels	2028
N. 7 D'Aarbechtskonditiounen vun de Kënschtler mat enger Beanträchtegung vereinfachen	Mam Aarbechtsministère en Austausch iwver de Statut vum „ <i>artiste accompagné</i> “ féieren	1.22	MCult	MT Info-Handicap	2027
	Bei de kulturelle Strukturen d'Bewosstsinn erhéijen, fir an de Produktiounen Kënschtler a Kënschtlerinne mat enger Beanträchtegung mat anzubegräifen a se duerch Finanzéierungsscheemaen ënnerstëtzen, fir déi zousätzlech Käschten ze decken	1.23	MCult	MFSVA MT Info-Handicap Mosaik Collectifs et associations artistiques Structures culturelles et socio-culturelles	à partir de 2028 Action continue

<p>N. 8</p> <p>Wëssen, kulturell Praktiken a Mediations-Formen am Beräich vun der Diversitéit am soziokulturellen Ëmfeld entwéckelen</p>	<p>Fuerschungsaarbechten ënnerstëtzen, déi zu kulturelle Mediations-Projekte kënnen féieren, iwwer d'Relevanz vun der Diversitéit a vu villfältege Point-de-vuen, fir enger gewëssener kultureller Priorisatioun an enger partieller Erënnerung entgéintzewierken</p> <p>Als éischt steet déi Lëtzebuerger LGBTQ+-Geschicht am Fokus</p>	<p>1.24</p>	<p>MCult</p>	<p>MEGA</p> <p>Associations et organisations représentatives (notamment LGBTQ+)</p> <p>Acteurs culturels</p> <p>Acteurs de la médiation culturelle</p> <p>Conseil consultatif – Accès à la culture</p>	<p>à partir de 2026</p> <p>Action continue</p>
--	--	-------------	--------------	--	--

➔ **Prioritéit 2: Visibilitéit a Kommunikatioun vun der kultureller Offer**

a) Introduction

Den Zougang zu Informatioun a Kommunikatioun si Grondrechter a mussen och fir Leit mat spezifische Besoine garantéiert ginn, fir hinnen eng besser Participatioun um sozialen, kulturellen a politesche Liewen ze erméiglechen. Wéi am Koalitiounsvertrag festgeluecht gouf, wäert d'Regierung d'Verbesserung vun der Accessibilitéit vun der virtueller Welt duerch eng barrièrefräi Kommunikatioun ënnerstëtzen, déi notamment op d'Benotzung vu liichter Sprooch setzt.

D'Ëmfro „Kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg“ huet däitlech gewisen, datt de Manktem un Informatiounen iwwer d'kulturell Offer eng vun de gréisste Barrièrë fir kulturell Participatioun ass. Et huet sech och erausgestallt, datt d'Kommunikatioun ronderëm kulturell Aktivitéiten dacks fragmentéiert, schwéier zougänglech an heiansdo net op d'sproochlech oder spezifesch Besoine vun den Zilgruppen ofgestëmmt ass.

Zu dësem Zweck wäerte culture.lu an echo.lu sech méi staark als wichteg Plattformen an der nationaler Kulturzeen etabléieren, andeems si en zentraliséierte Veranstaltungskalenner mat enger strukturierter Organisatioun vun der Informatioun kombinéieren. D'Zil ass, d'kulturell Offer méi iwwersichtlech ze gestalten an den Zilgruppen dobäi ze hëllefen, sech ze orientéieren, fir datt d'Leit mat Liichtegkeet déi pertinent Evenementer fannen, déi hiren Erwaardungen entsprechen. Eng progressiv Harmoniséierung vun de wichtigste prakteschen Informatiounen iwwer kulturell Offeren, notamment wat d'Präisser, d'Dauer, d'Barrièrefräiheet an den Transport ugeet, wäert eng kohärent Informatioun fir all d'Zilgruppe garantéieren.

Fir déi symbolesch Barrièren, déi den Zougang zur Kultur weiderhi bremsen, ze eliminéieren an déi Barrièren ze iwwerwannen, déi mat Perceptiounen am Genre vun „Dat ass net fir mech“ verbonne sinn, lancéiert de Kulturministère eng national Sensibiliséierungscampagne, déi vun enger kreativer, méisproocheger an inklusiver Kommunikatioun gedroe gëtt, fir kulturell Raim fir jiddereen zougänglech ze maachen. Dës vum Geescht vun der „Kultur fir jiddereen“ inspiréiert Initiativ konzentréiert sech op Porte-ouvertes an opgeschlossen, convivialen an ongezwonge Formater a wëll all d'Residenten invitéieren, nees mat de kulturellen Institutiounen a Kontakt ze trieden – net als Plazen, déi aschüchteren, mä als lieweg, zougänglech a gedeelt ëffentlech Raim, an deenen absolut jiddwer Mënsch seng Plaz huet.

Duerch den Ofbau vun de Kommunikatiounsbarrièren an de symbolesche Bremsen hëllefen dës Moosnamen, d'kulturell Participatioun nohalteg ze stäerken, d'Publikum ze erweideren an duerch eng besser Visibilitéit vun der Offer de Prinzip ze verankeren, datt d'Kultur an all hire Formen e gemeinsaamt Gutt ass.

c) Ziler an Aktiounen

➔ Cf. Tablo

Nationalen Aktionsplang „Zougang zur Kultur“

2. Prioritéit: Visibilitét a Kommunikatioun vun der kultureller Offer (3 Ziler mat 12 Aktiounen)

D'Informatiounen an déi national kulturell Offer zougänglech maachen a fërderen

Ziler	Aktiounen	Code	Haaptakteur	Aner Akteuren	Kalenner
N. 1 D'Informatiounen an déi kulturell Offer zentraliséieren a fërderen	Déi eenheetlech national Plattform „culture.lu“ entwéckelen, déi dee ganze kulturellen Ekosystem wéi och den Inhalt vun echo.lu integréiert, an hir permanent Weiderentwécklung sécherstellen, wat Accessibilitéit, Ergonomie an eng inklusiv Kommunikatioun betrëfft	2.1	MCult	CTIE Luxembourg-Ticket GIE Akzent! Info-Handicap	2026 Action continue
	Eng Campagne op verschidde Supporte lancéieren, fir d'Websäit „culture.lu“ ze promoten, déi sech un all Zilgruppe riicht an déi d'Diversitéit vun der nationaler kultureller Offer valoriséiert	2.2	MCult	Tous les acteurs culturels Influenceurs Akzent!	2026 Action unique
	Op der Luxembourg-Ticket-Plattform (+ op culture.lu iwwe eng API) en obligatoresche gemeinsame Kader ausschaffe fir d'Vermëttele vun de prakteschen Haaptinformatiounen iwwe déi kulturell Offeren (Präis, Dauer, Accessibilitéit, Transportméiglechkeeten, asw.), mat enger zentraliséierter Sichfunktoun a Filteroptiounen	2.3	MCult	Luxembourg-Ticket GIE Secteur culturel conventionné, Conseil consultatif Akzent ! Info-Handicap MMTP	2027 Action continue
	Schrëttweis eng evolutiv, interaktiv digital Kaart vun de kulturellen Infrastrukturen aus dem ganze Land entwéckelen, déi e Maximum u relevanten Informatiounen zentraliséiert, déi dem zukünftegen „access4all“-Portal entsprechen Op dëser Basis schrëttweis thematesch digital Kaarten entwéckelen, déi ënner anerem dës Theemen ofdecken:	2.4	Observatoire de la Culture MCult	CTIE Geoportail Info-Handicap Akzent ! Communes MAINT ME	Analyse des données et développement : 2026-2027 Mise en ligne : 2028 Action continue

- den architektoneschen an archeologesche Patrimoine, d'Monumenter
- den industriellen an handwierkleche Patrimoine
- d'Naturierwen
- den UNESCO-Patrimoine
- den immaterielle Patrimoine
- déi kollektiv Erënnerung
- de lokale Patrimoine
-

<p>An Zesummenaarbecht mat de Gemengen eng Initiativ fir déi nei Awunner lancéieren, fir:</p> <ul style="list-style-type: none"> - Informatiounen iwwer an d'Promotioun vun der Plattform culture.lu mat engem direkte Link an d'Bierger-Guiden ze integréieren - den neien Awunner an Awunnerinnen, déi plënneren, eng materiell „culture.lu“-Kart matzeginn, mat inklusiven Aféierungen an Informatiounen - déi kulturell Offer an d'Roll vun der Kultur als Faktor vum Zesummeliewen a vun der Interkulturalitéit bei der Begréissung vun den neien Awunner an Awunnerinnen ze valoriséieren 	2.5	MCult	<p>MAINT MFSVA Syvicol Communes CEFIS ASTI</p>	<p>à partir de 2027 Action continue</p>
<p>D'Visibilitét vun de kulturellen Inhalter op de staatlechen a parastaatlechen Internetsäite vereenheetlechen, mat engem systematesche Verweis op e Link vun „culture.lu“, fir konsequent an zougänglech Informatiounen ze garantéieren</p>	2.6	MCult	<p>CTIE Secteurs étatique et para-étatique concernés DGT kultur lx MAE</p>	<p>à partir de 2027 Action continue</p>

N. 2 D'Angscht virun de kulturellen Espacen huelen an hir Perceptioun als oppe Plaze stärken, wou een sech trëfft an déi jidderengem gehéieren	<p>All Joer e Programm „Kultur fir jiddereen“ opstellen, deen d'Deeg vun den oppenen Dieren an national Initiativen, existent international Deeg souwéi nei Formater ëmfaasst, déi zesumme mat de Kulturinstitutionen, de Federatiounen an de Kënschtler a Kënschtlerinnen entwéckelt ginn, fir kulturell Espacë méi zougänglech ze maachen, vun de Stereotype lasszekommen a kulturell Erfarungen ouni Komplexer ze fërderen</p>	2.7	MCult	Tous les acteurs culturels Conseil consultatif	semestriellement à partir de la rentrée 2026 Action continue
	<p>Dëse Programm mat geziilten an inklusive Campagnen an de Medie begleeden, déi dorop ausgeriicht sinn, marginaliséiert Zilgruppen direkt unzesprieche (Kulturpass-Bénéficiairen, Frontalieren a Frontaliëren, Jonker, nei Awunner an Awunnerinnen, Leit mat Beanträchtegung, asw.), an aktiv op eng éischt kulturell Erfahrung invitéieren</p>	2.8	MCult	Tous les acteurs culturels MFSVA MENEJ MAE Cultur'all Info-Handicap Akzent ! Influenceurs	à partir de 2027 Action continue
	<p>Kulturell Anniversairen a Jubiläen, gradewéi symbolesch Datumen, déi mat bedeutende Figuren aus dem Lëtzebuerger Patrimoine verbonne sinn, ervirhiewen, fir dat nationaalt Kulturierwe bei enger breeder a diversifizierter Zilgrupp ze valoriséieren</p>	2.9	MCult	Acteurs culturels concernés	à partir de 2027 Action continue
N. 3 Déi analog an digital Inhalter zougänglech maachen	<p>D'Kulturinstitutione sensibiliséieren, fir dass se esou wäit ewéi méiglech an de Publikatiounen vun de kulturelle Programmer d'Recommandatiounen respektéieren, déi am Lëtzebuergesche fir d'Liicht Sprooch oder gläichwäerteg Formen an anere Sproochen ausgeschafft goufen</p>	2.10	ZLS	MinDigital Klaro Apemh Akzent! Institutions culturelles	à partir de 2026 Action continue

An de Kommunikatioune vum Kulturministère déi geschriwwen Texter méi einfach, méi kloer a fir jiddereen zougänglech maachen, besonnesch fir Leit mat Lies- oder Sproochverständnisschwieregkeeten („Liicht Sprooch“)	2.11	MCult ZLS	Klaro Apermh Akzent !	à partir de 2027 Action continue
Bei der Publikatioun vun de kulturelle Programmer dee lëtzebuergeschen 'Text to speech'-Tool „Liesmaschinn“ ubidden, fir geschriwwen Texter a geschwaten Texter ëmzewandelen a fir de Leit mat visuelle Behënnerungen oder Dyslexie den Zougang zur Informatioun ze vereinfachen	2.12	MCult ZLS		à partir de 2026 Action continue

➔ **Prioritéit 3: Territorial ausgeglache kulturellen Ausbau an eng kulturell Offer**

a) Introduction

D'Recommandatioune vum KEP a puncto Kultur an de Regione gehéieren zu deenen, bei deenen d'Ëmsetzung am Ament nach limitéiert ass an eng bedeitend Verstärkung erfuerdert. D'Erkenntnisser vun der Ëmfro „Kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg“ ënnermaueren dës Diagnos. Trotz enger ausgeprägter Verbondenheet mat der Kultur besti weiderhi bedeitend territorial Ongläichheeten, sief et am Bezuch op d'Mobilitéitsbeschränkungen oder déi wuessend Nofro no kultureller Proximitéit.

D'Engagementer am Koalitiounsvertrag bestätegen dësen Usaz voll a ganz an ënnersträchen d'Noutwendegkeet, d'kulturell Dezentraliséierung ze fërderen an d'kulturell Acteuren an alle Regioneen a Gemenge vum Land ze ënnerstëtzen.

An dësem Kontext reflektéiert dës Prioritéit eng kloer Ambitioun: d'Entwécklung vun enger kohärenter a gedeelter regionaler Visioun vun der kultureller Offer, woubäi gläichzäiteg op eng Verknäppung mat den Dynamike vun der Landesplanung geuecht gëtt. Konkret berout se op der Schafung vun engem strukturéierte Kader fir d'regional Concertatioun, déi sech op eng detailléiert a gemeinsam Analys vun den territoriale Gegebenheete stäipt, an zesumme mat allen involvéierten Acteuren duerchgefouert gëtt, fir d'Ausriichtung vun der zukünfteger Kulturpolitik méi detailléiert festzeleeën.

Am weidere Verlaf gëtt eng operationell Stärkung vun der Koordinatioun an der Zesummenaarbecht op regionalem Niveau ugestriift, notamment duerch d'Ënnerstëtzung beim Ausschaffe vu kommunale Kulturentwicklungspläng an als Pilotprojet d'Bereetstelle vu regionale Kulturcoordinateuren a Kulturcoordinateuren an de professionelle Kulturzentren, op der Basis vu kloer definéierten Aufgaben an an enker Zesummenaarbecht mam Netzwierk an de besteeënde kulturellen Associatiounen, am Dialog mat de verschiddene Communautéiten an am Déngscht vun de Membergemengen.

Et ass ze bemierken, datt d'Resultater vun der Ëmfro déi kloer Erwaardung vun de Bierger verdäitlechen, méi Kënschtler an de Regioneen ze gesinn. Déi dezentraliséiert Entwécklung vun der Kreativwirtschaft an de Kënschtlerresidencen ass e wichtegen Hiewel, fir kulturell Diversifikatioun an territorialen Zesummenhalt. Dofir muss dëst ëmfaassend berécksiichtegt ginn, andeems d'Gemengen, souwéi all déi lokal a regional Acteuren encouragéiert an ënnerstëtzt ginn, e gëeegent, zougänglecht an dezentraliséiert Aarbechtsëmfeld ze schafen, fir d'Kënschtler ze empfänken.

Schliisslech gi geziilt finanziell Hëllef an agefouert, fir d'Upassung vun der existenter kultureller Infrastruktur un d'aktuell Besoinen ze ënnerstëtzen an hir inklusiv Accessibilitéit ze verbesseren. Gläichzäiteg ginn Efforte gemaach, fir d'Entwécklung vu Projeten ze encouragéieren an ze ënnerstëtzen, déi zur Mobilitéit vun der kultureller Offer, vun de Kënschtler a vum Publikum bäidroen, duerch mobil an "nomad" Formater.

a) Ziler an Aktiounen

➔ Cf. Tablo

Nationalen Aktionsplang „Zougang zur Kultur“

3. Prioritéit: Kulturell Raimlechkeeten, déi sech gläichméisseg duerch d'ganzt Land verdeelen an eng gerecht kulturell Offer (4 Ziler mat 11 Aktiounen)

Eng ausgeglache regional kulturell Entwécklung garantéieren an eng gerecht kulturell Offer fërderen

Ziler	Aktiounen	Code	Haaptakteur	Aner Akteuren	Kalenner
N. 1 Sech e kloert strukturellt Bild vun der kultureller Offer an de Regioune maachen, eng ausgeglache regional kulturell Entwécklung ënnerstëtzen an d'Gemenge sensibiliséieren	Eng strukturell Analys vun der kultureller Offer an de Regioune maachen, an enker Zesummenaarbecht mat alle concernéierte Partner, am Kader vu participative Prozesser an themateschen Atelierien, andeems déi kulturell Dimensioun systematesch an déi territorial Entwécklungsstrategien integréiert gëtt, an dobäi hir Kohärenz mat den <i>“Espaces d'action”</i> sécherstellen, déi am <i>“Programme directeur de l'aménagement du territoire”</i> (PDAT) definéiert goufen	3.1	MCult	MLogat (DATER) MAINT Syvicol Communes Syndicats de communes Réseau Acteurs culturels régionaux et locaux	2026-2027
	Reegelméisseg Konferenzen a spezifesch thematesch Campagnen aféieren an organiséieren, déi direkt mat de Prioritéiten an Aktiounen vun dësem Plang verbonne sinn, fir den Dialog mat de Gemengen duerch modern, interaktiv a participativ Formater ze stäerken (inklusiv engem spéideren Aféiere vu Formatiounen fir d'Gemengepersonal)	3.2	MCult	MAINT Syvicol Communes Syndicats de communes MENEJ MFSVA MFP – INAP Réseau Acteurs culturels régionaux Info-Handicap	2027-2028
	E prakteschen an evolutiven <i>„Guide communal culturel”</i> fir d'Gemengen an d'Gemengesyndikater entwéckelen, an déi digital Kommunikatioun mam Gemengesecteur stäerken (Circalux, Cosmos, Gemengeplattform, asw.)	3.3	MCult	IC EP MAINT Syvicol Communes	à partir de 2026 Action continue

					Syndicats de communes
N. 2 D'Collaboratiounen ausbauen an déi kulturell Koordinatioun op regionalem Niveau vereinfachen	Finanziell Hëllefsmoosname fir Gemengen, Gemengeverbänn a -syndikater opstellen, fir op regionalem oder kommunalem Plang d'Ausschaffe vun engem kulturellen Entwécklungsplang ze fërderen an ze ënnerstëtzen	3.4	MCult	MAINT Syvicol Communes Syndicats de communes Réseau Acteurs culturels régionaux et locaux	à partir de 2026
	Am Kader vun engem Pilotprojet, de regionale professionnelle Kulturzentren e regionale Coordinateur oder eng regional Coordinatrice fir Kultur zur Verfügung stellen, op Basis vu kloer definéierte Missiounen an an Zesummenaarbecht mat de Gemenge vun der concernéierter Regioun	3.5	MCult Réseau Communes Syndicats de communes	MAINT Syvicol Acteurs culturels régionaux et locaux	2027-2028
N. 3 Den Zougang zur Kultur fir all Publikum am ganze Land verbessern an déi regional kulturell Ongläichheete kompenséieren	Finanziell Hëllef geziilt asetze mat Bléck op Gemengen, ASBLen a Fondatiounen, fir: a) den Amenagement vun de besteeënde kulturellen Aariichtungen an d'Upassung un déi aktuell Besoinen ze ënnerstëtzen, besonnesch mat Bléck op méi en inklusiven Zougang zur Kultur: - den inklusiven Zougang zu den ëffentleche kulturellen Infrastrukturen (Muséeën, Kulturzentren, Theateren, Bibliothéiken, asw.), besonnesch duerch Dispositiffe fir Barrièrefräiheet fir Leit mat enger Beanträchtegung ze ënnerstëtzen (Audiodeskriptioun, Ënnertiteln, Magnéitinduktioun, haptesch Apparater, adaptéiert Apps fir Visitten, asw.) - d'Verbesserung vun der inklusiver Infrastruktur ënnerstëtzen (adaptéiert Toiletten, accessibel Beschëlderung, Rouberäicher, Plaze fir d'Rollstill, Piktogrammer, Braille, asw.)	3.6	MCult	MFSVA MLogat (DATER) MAINT Syvicol Communes Réseau Acteurs culturels régionaux et locaux ASBL Fondations Info-Handicap Conseil consultatif	à partir de 2026 Action continue

	<p>b) d'Gemengen an och d'Kulturacteurs proaktiv ze ënnerstëtzen a begleede fir regional kreativ Infrastrukturen, Kënschtlerresidencen a Plazen, wou kreativ geschafft gëtt, op regionalem Niveau dezentral ze entwéckelen, fir d'Méiglechkeete fir d'Kreatioun ze erweideren a fir de Kënschtler a Kënschtlerinne méi en ausgeglachenen Zougang zu engem professionellen an inklusiven Ëmfeld am ganze Land ze garantéieren</p>				
	<p>Geziilt finanziell Hëllef fir Gemengen, ASBLen a Fondatiounen aféieren, fir d'Kulturierwen an d'Traditiounen ze fërderen, duerch:</p> <ul style="list-style-type: none"> - d'Fërdere vum lokalen Ierwen (Bauierwen – historesch Sitten, Wäschbuere, aalt Handwierksgeschier, asw.) - d'Ënnerstëtze vun de Gemengen, déi Sammlungen am Beräich vum Patrimoine hunn, fir se beim Ausschaffe vu Léisunge fir d'Gestioun vun de Sammlungen ze begleeden - Ënnerstëtzung bei der Organisatioun vu kulturellen Evenementer, déi mat Traditiounen, Folklor an nationalem, regionalem a lokalem Ierwe verbonne sinn 	3.7	MCult	<p>INPA INRA MAINT Syvicol Communes Syndicats de communes Réseau Acteurs culturels régionaux et locaux ASBL Fondations Info-Handicap Conseil consultatif</p>	<p>à partir de 2027 Action continue</p>
<p>N. 4 D'Zirkulatioun vun der kultureller Offer, de Kënschtler a Kënschtlerinnen an den Zilgruppe fërderen, fir e lokalen Accès ze stäerken an déi regional Ongläichheeten ze reduzéieren</p>	<p>Eng Projets-Ausschreiwung aféieren, fir d'Mobilitéit vun der kultureller Offer, de Kënschtler a Kënschtlerinnen an den Zilgruppen ze ënnerstëtzen, andeems mobil Initiative gefërdert ginn, déi vun de Gemengen oder Gemengesyndikater geleet ginn, mam Zil, d'Zirkulatioun vun de Projeten tëschent de Regiounen ze fërderen, déi interregional zesummenaarbecht ze stäerken a méi en ausgeglachenen Zougang zur Kultur am ganze Land ze garantéieren</p>	3.8	MCult	<p>MLOGAT Communes Syndicats de communes Regroupement de communes Réseau Acteurs culturels régionaux et locaux</p>	<p>2028 Action unique</p>
	<p>D'Entwécklung vu Projeten encouragéieren an ënnerstëtzen, déi zur Mobilitéit vun der kultureller Offer, de Kënschtler a Kënschtlerinnen an den Zilgruppe bäidroen, notamment duerch Mobil- a Wanderformater</p>	3.9	MCult	<p>IC EP Secteur conventionné</p>	<p>à partir de 2027 Action continue</p>

D'Entwécklung vun „all-inclusive“ kulturellen Offere fërderen an ënnerstëtzen, déi vun Ufank u Moosnamen integréieren, déi de marginaliséierten Zilgruppen den Accès vereinfachen, inklusiv den Transport	3.10	MCult	IC EP Secteur conventionné	à partir de 2028 Action continue
De Subsid fir Reprises a Rediffusiounen vu besteeënde Produktiounen gezielt fërderen, deen drop ausgeriicht ass, de Kultursecteur ewéi och d'Kënschtler an d'Kënschtlerinnen ze ënnerstëtzen, mam Zil, d'Zirkulatioun vun de Wierker ze fërderen, d'Mobilitéit vun der kultureller Offer ze verbesseren an e lokalen Accès zu Konscht-Praktiken am ganze Land ze garantéieren	3.11	MCult	Tous les acteurs culturels	à partir de 2026 Action continue

➔ **Prioritéit 4: Kulturell Bildung a kulturell Erzéiung**

a) Introduction

Wann d'kulturell Bildung dacks mat der formaler Erzéiung a Verbindung bruecht gëtt, dann ass dat well dës eng decisiv Roll bei der Entwécklung vu Wëssen a Kompetenze spillt, awer och bei der Beräicherung vun Erfarungen, déi de Virwëlz, d'Kreativitéit an d'kritescht Denke fërderen. D'Erzéiung ass net nëmmen e Pilier vum gesellschaftlechen Opbau, mee och e Garant fir gemeinsam Grondlagen ënnert de Kanner a Jugendlechen, déi zu Lëtzebuerg opwuessen, an dréit dozou bäi, Ongläichheeten am soziale Kontext auszegläichen.

Déi am Joer 2025 publizéiert Ëmfro „*Kulturell Praktike vun de jonke Leit*“ weist, a wéi engem Mooss Schoulausflich fir e groussen Deel vu jonke Leit rar Geleeënheete fir kulturell Participatioun duerstellen.

Dës Prioritéit schreift sech an d'Kontinuitéit vum Kulturentwécklungsplang an, wou an de Kapiteln iwwee kënschtlersch a kulturell Bildung (Recommandatiounen 41 bis 44 a 46) d'Noutwendegkeet ënnerstrach gëtt, d'Synergien tëscht der Bildungspolitik an der Kulturpolitik ze stäerken. Laut dem Koalitiounsvertrag huet d'Regierung wëlles, Konscht a Kultur verstärkt an de Schoulen, wéi och an ausserschouleschen Aariichtungen ze verankeren.

Kulturell Bildung beschränkt sech awer weder op d'Schüler nach op d'Jugend. Andeems mir Kultur als Mëttel fir perséinlech Erfëllung, als Verbindung tëscht de Generatiounen an als Quell vu Resilienz fërderen, suerge mir dofir, datt hir Presenz an alle Liewensberäicher gestärkt gëtt. Si muss iwwee d'Zousécherung vum Zougang zur Kultur eraus als gemeinsamt Gutt an als Vecteur vum sozialen Zesammenhalt opgewäert ginn.

An dësem Kontext ziilt dës Prioritéit drop of, d'Kultur als zentraalt Element vum liewenslaange Léieren – vun der fréier Kandheet bis an den Erwuessenenalter - ze etabléieren.

➔ **Ziler an Aktiounen**

➔ **Cf. Tablo**

Nationalen Aktionsplang „Zougang zur Kultur“

4. Prioritéit: Kulturbildung a Bildung zur Kultur (6 Ziler mat 19 Aktiounen)

Aus der Kultur e Piliere vu jidder Bildungswee maachen

Ziler	Aktiounen	Code	Haaptakteur	Aner Akteuren	Kalenner
N. 1 Kulturell Erliednesser an der formeller Bildung an an den ausserschouleschen Aktivitéite fir jiddereen zougängelech maachen	De Bekanntheetsgrad vun der Kulturama-Plattform bei de kulturellen a pedagogeschen Acteure festegen an hire Gebrauch vereinfachen	4.1	MCult MENEJ	SCRIPT	Rentrée 2026
	D’Offer vu Kulturama erweideren, andeems ee sech speziell op déi Zilgruppe konzentréiert, déi momentan nach wéineg Zougang zur Kultur hunn, ewéi kleng Kanner, jonk Leit an der Léier, a Kompetenzzentren D’Visibilitéit vun de kulturellen Aktivitéiten an der net-formeller Bildung erhéijen, besonnesch an de Maison-relais, duerch eng geziilt a reegelméisseg Kommunikatioun an dat duerch déi digital Plattform	4.2	MCult MENEJ	SCRIPT AQUEN SFP Chambre des Métiers	Rentrée 2027
	Den nationale Programm fir kulturell a kreativ Aktivitéiten – CreativeLab – fërderen, deen entworf gouf, fir d’Kultur an d’Kreativitéit an de Lycéeën ze beliewen	4.3	MCult MENEJ		2026
N. 2 Déi Jonk mat de Kulturzentren, dem Patrimoine an de BAD-Beruffer vertraut maachen	E Programm fir d’Schoulen a fir déi ausserschoulesch Strukture fir d’Journées du patrimoine entwéckelen	4.4	MCult MENEJ	SCRIPT AQUEN Institutions culturelles	2027

	Am Secondaire eng national Initiativ an d'Liewe ruffen, iwwer dat materiellt an immateriellt Kulturierwen, inklusiv engem Concours mat Virschléi fir den nationalen Inventaire	4.5	MCult MENEJ	SCRIPT Institutions culturelles	2027
	An de Schoulen oder fir d'Schoule Projeten ënnerstëtzen, déi d'Kulturacteurs sensibiliséiere fir kreativ Beruffer, Karriären an der Fuerschung an an der Archivéierung	4.6	MCult MENEJ		Rentrée 2027
N. 3 Den Ziler vum Plan d'études a vum transversale Programm fir Bildung ëm d'Kultur, d'Konscht an ëm de Patrimoine gerecht ginn	D'Ausschaffen ënnerstëtze vu pedagogesche Ressourcen, déi dem Léierpersonal et erméiglechen, kulturell Sortië virzebereeden an dës Erfarungen nach eng Kéier an de Coursen ze thematiséieren Pedagogesch Ressourcen no de Prinzippe vun der Inklusioun an der Interkulturalitéit entwéckelen	4.7	MCult MENEJ	Institutions culturelles Info-Handicap Akzent !	Rentrée 2027
	D'Kulturmediateuren an d'Kulturmediatricen an d'„Kulturama“-Plattform integréieren, fir kulturell Aktivitéiten an de Schoulen unzebidden, déi mat der aktueller kultureller Programmation oder dem Vermëtteler vu Kulturierwen ze dinn hunn, fir den eminent wichtege Dialog tëschent de Kulturacteurs an de Schoulen ze fërderen	4.8	MCult MENEJ		Rentrée 2027
	D'Schoulen iwwer eng Kommunikatioucampagne derzou ureegen, op d'Fuerschungsinstituter an op Sammlungen zeréckzegräifen, fir de Schüler a Schülerinnen en Abléck an historesch Dokumenter aus hirer Gemeng oder Regioun ze ginn, notament, wat de Patrimoine betrëfft	4.9	MCult		2027

	De Schoule mobil participativ kulturell Aktivitéiten ubidden	4.10	MCult	Coordinateur/trice culturel/le régional/e	2027
	Gesprécher ophuele mam Zil, Vakanzaktivitéite fir jonk Leit ze organiséieren, déi op Konscht a Patrimoine ausgeriicht sinn	4.11	MCult MENEJ	SNJ Institutions culturelles	2026
N. 4 D'Zesummenaarbecht um lokalen, kommunalen a regionale Plang stäerken	D'Gemengen derzou ureegen, all Joer deen néidege Budget fir d'Grondschoul virzegesinn, fir kulturell Visitten ze organiséieren, an dobäi d'Gesamtkäschten ze berücksichtegen	4.12	MCult MENEJ	MAINT SYVICOL	2027
	Eng Zesummenaarbecht ureegen tèschent engersäits de Crèchen, Grondschoulen, Maison-relaisen an anerersäits de lokalen a regionale kulturelle Veräiner an Initiativen	4.13	MCult MENEJ	MAINT SYVICOL	Rentrée 2026
	Eng Zesummenaarbecht ureegen tèschent engersäits de Crèchen, Grondschoulen, Maison-relaisen an anerersäits den Altersheemer, mam Zil, intergenerationell kulturell Aktivitéiten ëmzesetzen	4.14	MCult MENEJ	SCRIPT AQUEN MFSVA MAINT SYVICOL	Rentrée 2026
N. 5 D'Kulturbildung fir Enseignanten an Enseignanteën a fir Educateuren an Educatricë stäerken	Gesprécher ophuelen fir d'Léier- an d'Fachpersonal aus der Educatioun an aus dem sozio-educativem Secteur an d'Kulturverméttlung ze initiéieren, an zousätzlech zu hiner Basisformatioun Programmer fir kulturell Visitten opzestellen	4.15	MCult MENEJ	LTPES ENAD Uni.lu	à partir de 2028

	D’Kulturinstitutionen derzou ureegen, verschidde kulturell Evenementer oder esouguer eng Rei Visitten an d’Formation continue vum Léier- a Fachpersonal aus der Education an aus dem sozio- edukativem Secteur opzehuelen, iwwer den IFEN an d’Agences de Formation continue an der non- formeller Bildung	4.16	MCult MENEJ	IFEN Agences de formation continue du secteur de l’éducation non-formelle	2027
	Gesprécher ophuelen fir d’Kulturmediateuren an d’Kulturmediatricë mat anzebannen an d’Basisformatioun an an d’Weiderbildung vum Léier- a Fachpersonal aus der Education an aus dem sozio- edukativem Secteur	4.17	MCult MENEJ	IFEN Agences de formation continue du secteur de l’éducation non-formelle	Rentrée 2027
N. 6 D’Kultur an de Lifelong Learning integréieren	Gesprécher mam Service National de la Jeunesse ufänken, fir <ul style="list-style-type: none"> - d’Pertinenz vun engem Kulturpass fir jonk Leit („Jugendpass“) ze analyséieren - Léier- an Orientatiounsméiglechkeete fir jonk Leit ze entwéckelen, andeems e Programm fir kulturellt Volontariat geschafe gëtt 	4.18	MCult MENEJ	SNJ	à partir de 2026 Action continue
	Kulturell Programmer fir Erwuessener organiséieren, fir hinnen d’Hemmunge vis-à-vis vum Konschtberäich ze huelen an hinnen „le goût et l’habitus“ fir Kultur ze vermëttelen, dëst am Kader vu de Programmer vun der Erwuessebildung, der Université populaire an de Weiderbilde fir Senioren	4.19	MCult MENEJ	SFA UNIPOP	2027

➔ **Prioritéit 5: Kulturell Mediatioun**

a) Introduction

Laut de Richtlinnen, wéi se am Koalitiounsaccord an och an der KEP-Recommandatioun Nr. 48 iwwer d'Entwécklung vun der kultureller Mediatioun festgeluecht goufen, stellen den Zougang zur Kultur an d'Biergerbedeelegung wichteg Prioritéite fir d'Regierung duer, déi d'kulturell Institutiounen deemno opfuert, d'kulturell Mediatioun vollstänneg an de Mëttelpunkt vun hirem Programm ze integréieren a gläichzäiteg dofir ze suergen, datt déi divers Moosnamen, mat deenen se ënnerstëtzt gëtt, gestärkt ginn, notamment duerch den Asaz vu performanten digitalen Tools.

An dësem Kontext erschénkt d'kulturell Mediatioun als Réckstrang vum Zougang zur Kultur. Eng héichwäerteg Programmatioun a bezuelbar Präisser aleng kënnen net als Hiewel géint déi sozial a wirtschaftlech Barrièren déngen, déi bestëmmt Zilgruppen drun hënneren, hiert Recht op kulturell Participatioun onageschränkt auszeüben.

Kulturell Aariichtunge mussen bannent hiren eegene Maueren d'Gefill vermëttelen, datt jiddwereen do seng Plaz huet, a gläichzäiteg d'Kultur iwwer dës Raim erausdroen, fir datt se sech ganz selbstverständlech an den Alldag vun den Zilgruppen afüügt.

Mat der Aféierung vun der éischter Formatioun am Beräich vun der kultureller Mediatioun am Joer 2020 gouf mat der offizieller Unerkennung vun engem Beruff, dee schonns an e puer - awer bei wäitem ze wéinegen - Institutiounen ausgeübt gouf, e wichtege Meilesteen erreicht.

De Beruff huet e grouse Schratt no vir gemaach, d'Zuel vun de kulturelle Mediateure wiest an déi kulturell Strukture schätzen ëmmer méi d'Aarbecht vun deene Leit, déi sech dofir asetzen, hir Dieren opzemaachen, nei Wëssen an Erfahrungen ze vermëttelen an eng Communautéit vun diversifizierten an engagéierte Publikumsgruppen opzebauen.

De kulturelle Mediateur vun haut ass net méi den einfache Konferenzguide vun deemools, mee déi Persoun, déi d'Konzepter vu Matwierken a gemeinsam Gestaltung an d'Kultur aféiert.

Wann dat kënschtlersch Schaffe fir d'Allgemengheet geduecht ass, soll d'kulturell Mediatioun net méi als eng separat Disziplin ugesi ginn, déi nëmmen zum Droe kënnt, wann d'Aarbecht vum Curateur, Direkter oder Choreograf ofgeschloss ass. Idealerweise géif si esouguer all Projet vun Ufank u begleeden, sou datt d'Aarbecht vu Kënschtler a Kreativen, souwéi vun de Historiker a Fuerscher, e méiglechst breet Publikum erreche kann, an dat Publikum d'Bedeutung vun de Wierker voll a ganz versteet.

D'Moosnamen, déi hei virgeschloe ginn, zilen dorop of, d'kulturell Mediatioun weider ze fërderen an d'kulturell Acteuren an hire Pulikumsentwécklungsprojeten ze ënnerstëtzen.

➔ **Ziler an Aktiounen**

➔ **Cf. Tablo**

Nationalen Aktionsplang „Zougang zur Kultur“

5. Prioritéit: Kulturverméttlung (2 Ziler mat 10 Aktiounen)

Aus der Kulturverméttlung e fundamentale Bestanddeel vum Zougang zur Kultur maachen

Ziler	Aktiounen	Code	Haaptakteur	Aner Akteuren	Kalenner
N. 1 Den Aktionsradius vun der Kulturverméttlung definéieren an de Beruff vum Kulturmediateur a vun der Kulturmediatrice valoriséieren	De Beruff vum Kulturmediateur a vun der Kulturmediatrice definéieren, gradewéi den Aktionsradius vum Beruff an déi verschidde Statuten, ënner deenen een e kann ausüben (Freelance, Indépendant, Employé, ...)	5.1	MCult		2026-2027
	D'Schafe vun engem Reseau fir Kulturmediateuren a Kulturmediatricen ënnerstëtzen, mat Bléck op e besseren Informatiounsaustausch, eng besser Visibilitéit an eng Professionaliséierung vum Beruff	5.2	MCult		à partir de 2028 Action continue
	En themateschen Atelier organiséieren ëm d'Kulturverméttlung am Allgemengen, awer och méi spezifesch ëm hir Auswierkung op de Public an op dat vermëttelt Wierk, mat Fokus op déi bewäerte Praktiken zu Lëtzebuerg an am Ausland	5.3	MCult		2027
	D'Formatioun „Médiation culturelle“, déi zesumme mat der Œuvre nationale organiséiert gëtt, eemol d'Joer evaluéieren	5.4	MCult		Œuvre House of Training Info-Handicap
N. 2 D'Kulturverméttlung allgemeng als feste	Derfir suergen, datt d'Formatioun „Médiation culturelle“, déi de Kulturministère zesumme mat der Œuvre nationale organiséiert, méi staark an der Kulturzeen verankert gëtt, andeem dat institutionellt	5.5	MCult	Œuvre	En cours Action continue

Bestanddeel vu jidder kulturellem Projet virgesinn	Treffen no der Formatioun nohaltege gefestegt gëtt, fir e Reseautage tëschent de forméierte Leit an den Institutiounen ze stäerken				
	Zesumme mat der “ <i>Commission de l’aménagement artistique</i> ” e Pilotprojet opstellen, deen drop ausgeriicht ass, verschidde Kulturvermittlungskatiounen ze entwéckelen an ze testen, am Kader vum 1%-Konscht-Programm	5.6	MCult	Porteurs de projets	2027
	D’Erkenntnisser an d’Erfahrungen an enger Publikatioun dokumentéieren, fir d’Gemengen, déi öffentlech Institutiounen an och d’Benotzer ze guidéieren, déi Wierker hunn, déi ënner den 1%-Konscht-Programm falen		Commission de l’aménagement artistique		
	Duerch nei finanziell Ënnerstëtzungsmoossnamen d’Ausschaffe vu Kulturvermittlungsprojete ronderëm déi öffentlech Konschtwierker an de Gemengen encouragéieren – Projeten, déi am Kader vum Gesetz iwwer d’Integratioun vu Konschtwierker an déi öffentlech Bauten, den architektonesche Patrimoine an d’materiell an immateriell Kulturierwe realiséiert ginn –, mam Zil, de lokale kulturelle Patrimoine ze valoriséieren	5.7	MCult	Syvicol	2027 Action continue
	Am Kader vun der Formatioun “ <i>Médiation culturelle</i> ” déi Projeten ënnerstëtzen, déi d’Kulturvermittlung an de Mëttelpunkt stellen, fir d’Acteuren an d’Actricen derzou unzereegen, d’Kulturvermittlung vun Ufank un als feste Bestanddeel vum kreative Prozess ze gesinn	5.8	MCult	Œuvre	à partir de 2027 Action continue
D’Kulturvermittlung asetzen als Stäip vum sozialen Zesammenhalt, andeems um lokalen Niveau fir all Mënsch kulturell Projeten am Kader vum Bierger- a Gemengepakt proposéiert ginn	5.9	MCult	MFSVA	2027 Action continue	

Bei de Projets-Ausschreiwungen am Zesammenhang mat Kënschtlerresidenzen, déi vum Kulturministère ënnerstëtzt ginn, eng Begleedung duerch Kulturvermëttlungsprojeten encouragéieren, duerch déi de Kontakt an den Austausch tëschent de Kënschtler a Kënschtlerinnen, hirer Aarbecht an dem Public ugereegt gëtt

5.10

MCult

à partir de 2027

➔ **Prioritéit 6: Valoriséierung vum kulturellen Ierwen: Opwäertung vum kulturelle Patrimoine an Entwécklung vum Zougang iwwer digital Mëttelen**

a) Introduction

Am Aklang mam Koalitiounsvertrag gëtt d'Digitaliséierung mathëllef vun Tools wéi virtuell Realitéit oder erweidert Realitéit op verschiddenen Niveauen ënnerstëtzt, fir den Zougang zu den ënnerschiddlechste Wierker ze erliichteren an d'Kreativitéit vun eise Kënschtler méi visibel ze maachen. D'Zil ass, d'kulturell Mediation duerch héichperformant digital Tools ze stäerken a gläichzäiteg d'Digitaliséierung an den Déngscht vun der Dokumentatioun an dem Erhale vum Kulturierwen ze stellen. Dëst wäert och dozou bäidroen, déi jonk Generatiounen un d'kreativ Kraaft vun eiser Konschteen a vum Konschthandwierk erunzeféieren. Zousätzlech wäert d'Regierung dru schaffen, historiesch Sitten opzewäerten, se mateneen ze vernetzen an hier Visibilitéit verbesseren. Si ënnerstëtzt d'Promotioun vun de markante Sitte vum Land a suergt dofir, datt déi kulturell Specificitéite vun de verschiddene Regione valoriséiert ginn.

D'Valorisation vum Kulturierwen ass en zentraalt Uleies fir den Zougang zur Kultur ze verbesseren an eng kollektiv Uneegnung vun eisem gemeinsamen Ierwen ze fërderen. An dësem Zesammenhang gëtt besonnesch Opmierksamkeet op d'Valorisation vun engem Ierwe geluecht, dat souwuel zougängelech ass wéi och mat den digitalen a gesellschaftlechen Entwécklung mathält. Konkret ass dës Prioritéit a siwen operationell Ziler a siechzëng Aktiounen ënnerdeelt, déi d'Visibilitéit, d'Lesibilitéit an d'Accessibilitéit vum Ierwen a seng verschiddene Formen verbesseren. Si schreift sech an eng transversal Approche an, déi technologesch Innovatioun, territorial Verankerung a Biergerbedeelegung matenee kombinéiert.

Ugesiichts den Zougangsaschränkungen, déi bestëmmt Sitte mat sech brénge kënnen, stellt d'Digitaliséierung en decisive Vecteur bei der kultureller Ouverture an Demokratiséierung duer. D'Zil vun dëser Prioritéit ass deemno eng progressiv Entwécklung vun digitalen, immersiven an hybriden Tools, déi et erméiglechen, dat kulturellt Erleefnis fir sämtlech Zilgruppen ze erweideren, ze ergänzen an ze verlängeren.

Fir déi kohärent Presentatioun vum Lëtzebuerger Ierwen ze moderniséieren a seng Visibilitéit ze stäerken, wäert de Kulturministère eng national Charta fir d'Signaletik ausschaffen, déi souwuel dem nationalen Tourismus wéi och der internationaler Ausstrahlung zeguttkënnt.

Zousätzlech sinn d'Beschleunegung vun der Digitaliséierung vum Ierwen a seng Online-Bereetstellung op enger spezieller nationaler Plattform e wichtegen Hiewel fir den Zougang zu de Ressourcë vum Kulturierwen ze erweideren. Och gëtt der Valoriséierung vum lokalen, eenheemeschen an archivareschen Ierwe besonnesch Opmierksamkeet geschenkt, wouduerch d'Biergerbedeelegung an déi territorial Verankerung gestärkt ginn.

➔ **Ziler an Aktiounen**

➔ Cf. Tablo

Nationalen Aktionsplang „Zougang zur Kultur“

6. Prioritéit: Valorisatioun vum Kulturierwen (7 Ziler mat 16 Aktiounen)

Den Zougang zum Kulturierwe stäerken, andeems Valorisatioun, Visibilitéit an zousätzlech digital Léisunge kombinéiert ginn

Ziler	Aktiounen	Code	Haaptakteur	Aner Akteuren	Kalenner
N. 1 Den Zougang zum Patrimoine verbesseren, wéi och d'Méiglechkeeten, fir en ze entdecken	<p>Iwwer zwou Ausschreiwunge fir Pilotprojeten hybrid digital an immersiv Léisungen entwéckelen an ënnerstëtzen, déi direkt op schwéier zougängleche Patrimoine- a Kultursitten agesat ginn. Déi physesch kulturell Offer ergänzen an eng gemeinsam Erfahrung op der Plaz fir jidder Public erméiglechen, am Aklang mat de Richtlinne fir en inklusiven an zougängleche Kulturtourismus</p> <p>Dës experimentell a motivatiounsbaséiert Projete ginn och fir Etuden an Evaluatioune genotzt</p>	6.1	MCult	<p>DGT Acteurs culturels concernés INPA, INRA, CML Acteurs touristiques concernés Communes ASBL Secteur des industries créatives Info-Handicap Op der Schock Mosaik</p>	2027-2028
	<p>An der Kontinuitéit vun den Initiativen, déi ënnert der Aktioun 6.1 entwéckelt ginn, dës Initiativen upassen, reproduzéieren a verwäerten, fir de Leit d'Méiglechkeet ze bidden, dës Patrimoine- a Kultursitten ze entdecken, wann et fir si schwierig oder net méiglech ass, op d'Plaz ze goen</p>	6.2	MCult CML	<p>Luxembourg-Ticket GIE Publics éloignés, entre autres : Structures pour personnes âgées, structures d'accueil hébergeant des demandeurs de protection internationale, milieu hospitalier, foyers pour femmes et enfants, structures de vie accueillant des personnes en situation de handicap, structures pour jeunes en difficultés, Secteur de l'éducation nationale,</p>	<p>à partir de 2028 Action continue</p>

						etc
N. 2 D'Visibilitéit vun de Patrimoine- a Kultursitte stäerken	<p>Eng national Charte fir kulturell (physesch an och digital) Schëlde entwéckelen an implementéieren. Dës Charte soll Erkennungs- a Qualitéitskrittären integréieren, ewéi och adaptéiert digital Vermëttlungs-Toolen, fir Patrimoine- a Kultursitte mateneen ze verbannen a fir e kohärenten an harmoniséierte visuelle Kader op nationalem Niveau ze garantéieren</p> <p>Dës Charte zur Verfügung stellen an hir Uwendung via finanziell Förderungen ënnerstëtzen</p>	6.3	MCult	<p>DGT INPA, INRA, CML Gestionnaires et exploitants de sites culturels et patrimoniaux Acteurs culturels concernés Communes ASBL</p>	<p>à partir de 2027 Action continue</p>	
N. 3 Patrimoine-Sitten an zäitgenëssesch Kreatioun verbannen	<p>Iwwer Projets-Ausschreiwungen Initiativen ënnerstëtzen a fërderen, déi Patrimoine-Sitte mat zäitgenëssesche Konschtforme verbannen. Den historiesche Patrimoine an der Géigewaart verankeren, verschidden Zilgruppen zesammenbréngen an derfir suergen, dass d'Kreatiounen vun de Kënschtler a Kënschtlerinnen op neie Plaze kënnen presentéiert ginn. Den Engagement vun de lokale Kulturacturen ervirhiewen</p>	6.4	MCult	<p>DGT INPA, INRA, CML, CNCI, ... Acteurs culturels concernés Acteurs touristiques concernés Communes Associations locales ASBL</p>	<p>à partir de 2027 Action continue</p>	
N. 4 D'Kulturierwen duerch digital Dokumentatioun valoriséieren	<p>D'Katalogiséieren, d'Indexéieren an déi digital Dokumentatioun vum nationale Kulturierwe beschleunegen, fir d'Donnéeën am Beräich vun de Sammlungen iwwer de Patrimoine ze strukturéieren, méi sécher ze maachen a se ze harmoniséieren</p>	6.5	MCult	<p>ICOM IC Musées locaux et régionaux</p>	<p>à partir de 2027 Action continue</p>	

Der Allgemengheet dat digitaliséiert oder „digital-born“ Kulturierwen zur Verfügung stellen iwwer eng digital Plattform, déi mat culture.lu verlinkt ass, mat Bléck op eng besser Visibilitéit, op méi eng staark Valorisation a fir d'Sammlung mateneen ze vernetzen

6.6

MCult

à partir de 2027

Action continue

D'Visibilitéit an d'Accessibilitéit vum digitale Lëtzebuerger Kulturierwe verbessern, andeems ausgewielte Contenuen iwwer de Patrimoine systematesch an national an international Agregatiounsplattformen integréiert ginn

6.7

MCult

IC
Europeana

à partir de 2026

Action continue

E kloren an zougängleche gesetleche Kader fir d'Gestioun an d'Diffusioun vun digitale Sammlungen iwwer d'Kulturierwe schafen, fir d'Bereetstellen, eng responsabel Verwäertung an den Zougang zum Kulturierwe fir de Public ze vereinfachen

6.8

MCult

IC

à partir de 2027

D'Gemengen derfir sensibiliséieren, hiert kulturellt a kënschtlerescht lerwen ze katalogiséieren an digital ze dokumentéieren, fir d'Visibilitéit an d'Accessibilitéit vun de Gemengen hirem lokale Kulturierwen ze verbessern

6.9

MCult

MAINT
Syvicol
Communes

à partir de 2027

D'Gemengen, déi Konschtwierker besëtzen, kënnen e methodologesche Support als Guide benotzen, dee vum Kulturministère entwéckelt gëtt

<p>N. 5</p> <p>Netzwerker strukturéieren an d'Ressourcen zesummeleeën, fir de lokale Patrimoine ze valoriséieren</p>	<p>En Dialog mat de respektiven Acteuren initiéieren, fir d'Pertinenz vun engem nationalen Netzwerk ze analyséieren, dat de lokale kulturellen Archive gewidmet wier, inklusiv de Gemengen- a Veräinsarchiven. D'Zesummenaarbecht tëschent de concernéierten Acteuren stäerken, den Austausch vu bewäerte Praktiken fërderen an d'Strukturéierung an d'Valorisatioun vun dësem lerven ënnerstëtzen</p>	6.10	MCult	<p>AnL MAINT Syvicol Communes Acteurs culturels régionaux Bénévolat culturel / associations locales</p>	<p>à partir de 2028</p> <p>Action continue</p>
	<p>Eng wëssenschaftlech a participativ Approche ëmsetzen, déi drop ausgeriicht ass, de ländleche Patrimoine (Grenzsteng, Weekräizer, Wäschbueren, Bueren) ze identifizéieren, ze dokumentéieren an ze valoriséieren, an domat déi digital Kaart an d'Visibilitéit vun dësem Patrimoine beim Public ze stäerken</p>	6.11	MCult	<p>INPA Acteurs régionaux et locaux</p>	<p>à partir de 2027</p> <p>Action continue</p>
<p>N. 6</p> <p>Iwwer d'Digitalisatioun den Zougang zum Wëssen an zu de kulturelle Ressourcë fërderen</p>	<p>D'Acteure vum Patrimoine, vun der Kultur a vun der Wëssenschaft derzou opfuerderen an doran ënnerstëtzen, niewent de Presenzformater digital an hybrid Formater ze entwéckelen. D'Diffusioun vu Konferenzen, Treffen an Aktiounen ëm d'Vermëttlung (z. B. archeologesch Entdeckungen) ureegen, fir all den Zilpublikume méi e breeden, inklusiven a permanenten Zougang zum Wëssen ze erméiglechen</p> <p>Fir d'Begleedung vun deene betraffenen Acteuren, an engem neie praktesche Guide Ateliere proposéieren, déi als Zil hunn, d'Usätz ze strukturéieren, hir Ëmsetzung ze vereinfachen an d'Qualitéit ze garantéieren</p>	6.12	MCult	<p>Tous les acteurs culturels</p>	<p>à partir de 2027</p>

	Den digitalen Zougang zu de Bibliothéike verbesseren, andeems Ressourcen zesummegeleucht a Kompetenzen entwéckelt ginn	6.13	MCult	BnL Secteur des bibliothèques	à partir de 2026 Action continue
	Kucken, dass déi digital Bibliothéikskaart méi séier ageféiert gëtt, fir den Zougang zu de Bibliothéikssammlungen a -servicer ze vereinfachen, an dobäi sécherstellen, dass d'Modalitéite fir den Accès weider adaptéiert si fir e Public mat engem limitéierten digitalen Zougrëff	6.14	MCult	BnL Conseil supérieur des bibliothèques	à partir de 2026 Action continue
	Den digitalen Zougang zu de Muséeë verbesseren, andeems Ressourcen zesummegeleucht a Kompetenzen entwéckelt ginn	6.15	MCult	ICOM IC Musées locaux et régionaux	à partir de 2026 Action continue
N. 7 Déi reliéis Gebaier an e Prozess vun enger gemeinsamer kultureller Valorisatioun integréieren, andeems komplementar, respektvoll a koordinéiert Nutzungsméiglechkeete gefördert ginn	Mat de reliésen, lokalen a kulturellen Acteure koordinéiert virgoen, fir komplementar kulturell Nutzungsméiglechkeete vun de reliése Gebaier ze identifizéieren, déi mat hiren aktuelle Bestëmmunge kompatibel sinn an déi d'Valorisatioun an d'Accessibilitéit vum reliése Patrimoine verbessern, awer dës Plazen och fir en diversifizéierte Public zougänglech maachen an hir Roll am lokale kulturelle Liewen stäerken	6.16	MCult	INPA MAINT Syvicol Archevêché de Luxembourg Communautés juives orthodoxes et libérales ...	à partir de 2027 Action continue

➔ **Prioritéit 7: Kulturtourismus**

a) Introduction

Wéi am Koalitiounsvertrag festgeluecht, huet d'kulturell Entdeckung sech als eng vun den thematesche Prioritéite fir den Tourismus zu Lëtzebuerg etabléiert. Deemno schreift dës Prioritéit sech vollstänneg an dës Ausrichtung an ziilt drop of, de Kulturtourismus zu engem Vecteur fir kulturell Participatioun, Inklusioun a Promotioun vu Lëtzebuerg ze maachen.

Konkret ass dës Prioritéit an dräi Ziler a siwe Moosnamen ënnerdeelt. Engersäits viséiert se d'Stärkung vun enger enker an nohalteger Zesummenaarbecht tëscht de Beräicher Kultur an Tourismus, notamment duerch d'Institutionalisierung vun engem Aarbechtsgrupp „Kulturtourismus“, an där de Kulturministère an d'Generaldirektioun fir Tourismus bedeelegt sinn. An dësem Kader gesäit se vir, datt de Kulturministère d'Generaldirektioun fir Tourismus beim Ausschaffe vun engem strategeschen Dokument fir d'Strukturéierung vum Kulturtourismus ënnerstëtzt.

Anersäits viséiert dës Prioritéit déi geziilt a verstärkt Integratioun vun der kultureller Thematik an eng Rei touristesch Kommunikatiounsmaassnahmen zu Lëtzebuerg an am Ausland, an deem heite Fall dee baulechen an net-bauleche Patrimoine, dee vun der UNESCO unerkannte Patrimoine an d'méisproocheg kënschtlersch Kreatioun zu Lëtzebuerg.

E weidert Zil vun dëser Prioritéit ass, eng diversifiéiert touristesch Offer – dorënner eng inklusiv Kulturoffer – fir déi gesamt Bevëlkerung an d'Visiteure bereetstellen, woubäi d'Barrièrefräiheet an d'Inklusioun als transversal Qualitéitskrittären déngen, souwéi d'Visibilitéit vun dëser Offer duerch eng verstärkt Vernetzung tëscht touristeschen a kulturellen Informatiounskanäler ze erhéijen.

Ofschléissend ass nach ze betounen, datt d'Touristen als vollwäertege kulturelle Publikum ugesi ginn, dee vun de Synergië profitéiert, déi duerch déi verschidde Moosname vun dësem Aktionsplang entstinn. D'Kombinatioun vu geziilte Kommunikatiionscampagnen, besonnesch um Niveau vun der Groussregioun, d'Entwécklung vun enger nationaler Charta fir d'Signaletik vum Kulturierwen, souwéi Demarchen, déi drop ausgeluecht sinn, fir lues a lues déi physisch Barrieren ewechzehuelen, déi d'Accessibilitéit op eenzelen historesche Sitten erschwéieren, wäert et erméiglechen, de Kulturtourismus zu Lëtzebuerg op laang Siicht ze stäerken.

➔ **Ziler an Aktiounen**

➔ Cf. Tablo

Nationalen Aktionsplang „Zougang zur Kultur“

7. Prioritéit: Kulturtourismus (3 Ziler mat 7 Aktiounen)

Aus dem Kulturtourismus e Vecteur fir kulturell Participatioun, Inklusioun a fir d'Promotioun vu Lëtzebuerg maachen

Ziler	Aktiounen	Code	Haaptakteur	Aner Akteuren	Kalenner
N. 1 Eng enk an nohalteg Zesummenaarbecht tëschent de Kultur- an Tourismus-Secteuren entwéckelen	En interministeriellen Aarbechtsgrupp iwwer „Kulturtourismus“ tëschent dem Kulturministère an der Generaldirektioun fir Tourismus institutionaliséieren, deen e gemeinsamen Usaz fir de Kulturtourismus soll entwéckelen an deen d'Kohärenz vun de Moosnamen, déi national an international geféiert ginn, soll stäerken	7.1	MCult DGT	Acteurs culturels concernés Acteurs touristiques concernés	à partir de 2026 Action continue
	D'Generaldirektioun fir Tourismus beim Ausschaffe vun engem strategeschen Dokument iwwer de Kulturtourismus ënnerstëtzen	7.2	MCult DGT	Acteurs culturels concernés Acteurs touristiques concernés	2026
	D'Perspektiven identifizéiere fir de Kulturtourismus als Pilier an deen zukünftege Kulturentwécklungsplang ze integréieren	7.3	MCult DGT	Acteurs culturels concernés Acteurs touristiques concernés	2027-2028
N. 2 D'Veillfalt vun der Kultur a vum Patrimoine strukturéieren, valoriséieren a vermëttelen	Méiglech Synergien tëschent culture.lu a visitluxembourg.com an hir respektiv Datebanken analyséieren, fir d'Qualitéit vun den Donnéeën an d'Benutzererfahrung stänneg ze verbessern	7.4	MCult DGT	Visit Luxembourg Luxembourg-Ticket GIE	2027-2028

	Kulturell Theemen an eng Auswiel vun Aktiounen fir d'Kommunikatioun am Tourismusberäich integréieren, zu Lëtzebuerg an am Ausland, notament de gebauten an net gebaute Patrimoine, d'Erënnerung, dee vun der UNESCO unerkannte Patrimoine wéi och déi méisproocheg kënschtlersch Kreatioun	7.5	MCult DGT	LFT Institutions culturelles Fédérations	2027-2028
N. 3 De Kulturtourismus méi zougängelech an inklusiv gestalten	Kulturell touristesch Circuiten entwéckelen, déi d'Kulturierwen an de kulturelle Räichtum vu Lëtzebuerg valoriséieren, an déi zur Entwécklung vum nationalen Tourismus bäidroen an adaptéiert Modalitéite fir d'Benotzer vum Kulturpass virgesinn	7.6	MCult CML	DGT Cultur'all Secteur HORECA ORT Acteurs culturels et patrimoniaux Participant/es Communes Acteurs touristiques concernés Info-Handicap	à partir de 2028 Action continue
	Eng breet touristesch Offer ubidden – mat enger inklusiver kultureller Offer – fir déi ganz Bevëlkerung a fir d'Visiteuren, andeems ee sech op d'Accessibilitéit an op d'Inklusivoun baséiert an des ënnerstëtzt, als transversal Qualitéitskrittäre fir en Tourismus fir jiddereen D'Visibilitéit vun der inklusiver kultureller Offer stäerken duerch méi e staarkt Vernetzen tëschent den touristeschen an de kulturellen Informatiounskanäl	7.7	DGT MCult	MFSVA Info-Handicap Luxembourg-Ticket GIE Akzent ! Communes et asbl concernées Géoportail	à partir de 2027 Action continue

5. PROGRESSIV ËMSETZUNG VUM NATIONALEN AKTIUNSPLANG „ZOUGANG ZUR KULTUR“

Opgrond vum Ëmfang vun de verfollegten Ziler a vum transversale Charakter vun de geplangte Mesüeren erstreckt d'Ëmsetzung vum nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ sech iwwer en Zäitraum vu fënnef Joer (2026-2031). Dës Configuratioun erméiglecht eng kohärent a raisonabel zäitlech Staffelung vun den Initiativen an eng equilibréiert Opdeelung vun de Besoinen u Personalressourcen a budgetäre Méttelen.

Opgrond vu senger nationaler Reechwäit a sengem transversale Charakter erfuerdert den nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ en Ëmsetzungsprozess, dee per se iwwer de Kader vun der aktueller Legislaturperiod erausgeet. Esou eng Approche ziilt drop of, d'Kontinuitéit vun den éffentlechen Aktiounen sécherzestellen an déi laangfristeg Kohärenz vun der Politik fir den Zougang zur Kultur ze garantéieren.

5.1. GOUVERNANCE A SUIVI

Den nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ gëtt am Kader vun enger Gouvernance ëmgesat, déi drop ausgeluecht ass, esouwuel déi operativ Effikassitéit ewéi och eng vollständeg Berücksichtigung vun der Villfalt vun de Realitéiten am Kultursecteur sécherzestellen.

5.1.1. Groupe de pilotage – eng strategesch an operativ Koordinatioun

D'Gesamtkoordinatioun vum nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ wäert vun engem Groupe de pilotage séchergestallt ginn, deen ënner der Verantwortung vum Kulturministère steet. Dës Instanz ass dat operatiivt Häerzstück vum Dispositif. Hir Aufgab besteet doran, d'strategesch Féierung, d'transversal Koordinatioun an den operative Suivi vum Aktiounsplang sécherzestellen.

De Groupe de pilotage wäert vun engem(enger)/zwee(zwou) Mataarbechter(in)/Mataarbechter(innen), deen (déi)/déi vum Minister benannt gëtt/ginn, presidéiert ginn. Fir all Prioritéit aus dem nationalen Aktiounsplang „Zougang zur Kultur“ wäerten zwee Mataarbechter oder zwou Mataarbechterinne vum Kulturministère, déi och vum Minister ernannt ginn, fir de Suivi an d'Ëmsetzung vun den Ziler a Mesuren an hirem Zoustännegkeetsberäich responsabel sinn.

De Groupe de pilotage wäert a regelméissegen Ofstänn a grondsätzlech ee Mol de Mount zesummekommen, fir den Ëmsetzungsstand vun den Aarbechte systematesch ze verfollegen, méiglech Upassungen ze identifizéieren an d'Kohärenz vum gesamten Dispositif sécherzestellen.

5.1.2. Interministeriell Ofstëmmung – eng gezielt a flexibel Koordinatioun

Opgroun vun der transversaler Dimensioun vun den Erausforderungen am Zesammenhang mam Zougang zur Kultur wäert jee no Prioritéiten a Mesuren, déi ëmgesat musse ginn, eng Koordinatioun mat den direkt betraffene Ministèren organiséiert ginn.

Am Sënn vun der Proportionalitéit an der administrativer Effikassitéit erschénge d'Schafe vun engem permanenten interministerielle Komitee net als gerechtfertegt. Méi flexibel Récksproochmechanisme wäerte privilegiéiert ginn, besonnesch duerch d'Schafe vun interministeriellen Aarbechtsgruppen, déi jee no de Besoinen, den Thematiken an de Kompetenzen, déi gebraucht ginn, zesummegeallt ginn. Dës Approche wäert eng gezielt a pragmatesch Zesummenaarbecht erméiglechen, déi un déi identifizéiert Erausforderungen ugepasst ass.

5.1.3. Conseil consultatif – en externe Suivi an e strukturéierten Dialog

